wichteg de Siège fir d'Lëtzebuerger Land ass, mat 10.000 Fonctionnairen an hire Familljen. Mir waren iwwregens deen éischte Siège vun der Europäescher - deemools - Communautéit, der Communautéit vu Kuel an Eisen, vun der CECA. A mir hunn eigentlech duerch dee Siège, géing ech soen, eng international Visibilitéit kritt, wou dobäi en plus nach eng Rei vu wirtschaftlechen Intérêten eigentlech net ze kuerz komm sinn.

Ech däerf soen, datt de Siège dozou bäigedroen huet aus der Stad Lëtzebuerg, enger sympathescher, regionaler Capitale, eng wierklech international Capitale ze maachen, an och bäigehollef huet, eist Land an deem Sënn ze moderniséieren.

Natierlech heescht dat, datt mer Obligatiounen hunn. Mir mussen investéieren, an dat geschitt. Ech mengen, wann een emol iwwert de Kierchbierg gefuer ass - wat lech jo alleguer wahrscheinlech relativ oft passéiert -, da gesäit ee wéi d'Cour de Justice hei zu Lëtzebuerg ausbaut, wéi d'Banque européenne d'Investissement en neit Gebai baut, datt de Parlement européen, dee jo besonnesch hei viséiert ass, well jo de Sekretariat vum Parlement européen hei zu Lëtzebuerg ass, säit e puer Méint e Kontrakt ënnerschriwwen huet fir en neit Gebai, wou all seng Servicer hei zu Lëtzebuerg sollen hébergéiert ginn. Dat nämlecht trëfft zou fir d'Cour des Comptes. An d'Kommissioun, mat där si mer an Diskussioun fir e komplett neit Gebai ze bauen am Joer 2012, fir den aktuellen „Jean Monnet" ze remplacéieren.

Dobäi kënnt d'École européenne - zweet École européenne -, déi natierlech absolut eng Wichtegkeet huet, fir de Siège hei zu Lëtzebuerg weider ze consolidéieren an och eigentlech d'Conditions de travail vun deene Leit, déi hei zu Lëtzebuerg fir Europa schaffen, esou favorabel ze maachen, wéi dat sech als Land, wat eben de Privileg huet, e Siège ze hunn, gehéiert.

Ech mengen also, et soll een esou Aussoen net dramatiséieren. Mä mir mussen einfach beweisen, datt mir weider eng dynamesch Stad sinn, eng vun de Capitalë vun Europa, an dann, déi kleng Commentairen, déi muss een natierlech contréieren, mä et soll ee se net ze vill dramatesch huelen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister.

M. Charles Goerens *(DP)*.- Här President, ganz kuerz.

Den Här Schmit seet natierlech zu Recht, datt och an anere Fraktiounen, wéi an der EVP, Attaquë geridde gi géint d'Acquisë vu Stroossbuerg a vu Lëtzebuerg; hien huet och déi Liberal do opgezeechent.

Ech kann lech jiddefalls soen, souwäit wéi ech kann zréckblécken ass vun de Lëtzebuerger Liberalen an där doter Fraktioun keen Eenzege mat deem d'accord gewiescht, wat do geschitt ass.

Mir ass allerdéngs opgefall, wéi Der vun deenen anere Fraktioune Leit opgezielt hutt, déi Problemer hu mat deenen Acquisen a mat där rechtlecher Situatioun, Der vergiess hutt och Är eege Fraktioun, nämlech d'sozialistesch Fraktioun, ze erwähnen; mä dat just niewebäi.

Ech halen awer fest...

(Interruptions diverses)

Meng Frëndschaft zum Här Schmit ass esou zolidd, datt hien déi Remarque do muss verdroen a ka verdroen.

(Interruption)

Dat Zweet, wat ech wollt soen: Wann den Här Daul dat do an enger erheiterter Stëmmung gesot huet - dat kann ech net wëssen, ech hunn déi Circonstance net kannt; mä ëmmerhin war dat do der internationaler Press eng Meldung wäert a besonnesch d'Agence Europe ass jo awer net dofir bekannt, dass se nëmme just géif Humpegespréicher relatéieren.

An duerfir halen ech et mat deem, wat Dir och gesot hutt: Et muss ee vigilant bleiwen, well et ass ze vill investéiert ginn, politesch an och materiell, an de Siège vu Lëtzebuerg, fir esou Reaktiounen einfach mat lénks ofzeweisen.

Ech soen lech villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Goerens. Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtten um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.44 heures)

Mercredi, 14 février 2007

SÉANCE 23

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président • M. Henri Grethen, Vice-Président

Ordre du jour

1. 5609 - Projet de loi portant approbation
- de l'Accord modifiant l'Accord de partenariat entre les membres du groupe des États d'Afrique, des Caraïbes et du Pacifique, d'une part, et la Cornmunauté européenne et ses États membres, d'autre part, signé à Cotonou, le 23 juin 2000;
- de l'Acte final, signé à Luxembourg, le 25 juin 2005;
- de l'Accord interne entre les représentants des gouvernements des États membres, réunis au sein du Conseil, modifiant l'Accord interne du 18 septembre 2000 relatif aux mesures à prendre et aux procédures à suivre pour la mise en œuvre de l'Accord de partenariat ACP-CE, signé à Luxembourg, le 10 avril 2006;
- de l'Accord interne entre les représentants des gouvernements des États membres, réunis au sein du Conseil, relatif au financement des aides de la Communauté au titre du cadre financier pluriannuel pour la période 2008-2013 conformément à l'Accord de partenariat ACP-CE et à l'affectation des aides financières destinées aux pays et territoires d'outre-mer auxquels s'appliquent les dispositions de la quatrième partie du traité CE, signé à Bruxelles, le 17 juillet 2006

(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

2. 5593 - Projet de loi portant
1) organisation des cours de formation professionnelle au Centre national de formation professionnelle continue;
2) création d'une aide à la formation, d'une prime de formation et d'une indemnité de formation

(Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion)

3. 5671 - Propositions de modification du Règlement de la Chambre des Députés

(Rapport de la Commission du Règlement - Discussion générale - Vote)

4. Dépôt d'une motion

(Vote)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Lucien Lux et Jean-Louis Schiltz, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.*- Neen, Här President.

M. le Président.- Da komme mer, Dir Dammen an Dir Hären, direkt zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5609, en Ofkommes tëschent den ACP-Länner an de Länner vun der Europäescher Unioun. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Goerens, Angel, Huss an Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Laurent Mosar. Här Mosar!

1. 5609 - Projet de loi portant approbation

- de l'Accord modifiant l'Accord de partenariat entre les membres du groupe des États d'Afrique, des Caraïbes et du Pacifique, d'une part, et la Communauté européenne et ses États membres, d'autre part, signé à Cotonou, le 23 juin 2000;

- de l'Acte final, signé à Luxembourg, le 25 juin 2005;

- de l'Accord interne entre les représentants des gouvernements des États membres, réunis au sein du Conseil, modifiant l'Accord interne du 18 septembre 2000 relatif aux mesures à prendre et aux procédures à suivre pour la mise en œuvre de l'Accord de partenariat ACP-CE, signé à Luxembourg, le 10 avril 2006;

- de l'Accord interne entre les représentants des gouvernements des États membres, réunis au sein du Conseil, relatif au financement des aides de la Communauté au titre du cadre financier pluriannuel pour la période 2008-2013 conformément à l'Accord de partenariat ACP-CE et à l'affectation des aides financières destinées aux pays et territoires d'outre-mer auxquels s'appliquent les dispositions de la quatrième partie du traité CE, signé à Bruxelles, le 17 juillet 2006

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am virleiende Projet de loi geet et ëm déi éischt Revisioun vum sougenannten Accord de Cotonou aus dem Joer 2000. Dësen Accord de Cotonou, wéi Der alleguerte sécherlech wësst, baséiert op dem Acquis vun deene fënnef Konventioune vu Lomé, déi zwëschent 1975 an 1995 adoptéiert gi sinn an déi a sech zu enger fundamentaler Reform vum Partenariat zwëschent der Europäescher Unioun an de sougenannten ACP-Länner gefouert hunn.

Erlaabt mer fir e bessert Verständnis lech nach eng Kéier déi Haaptpiliere vun dësem Accord an Erënnerung ze ruffen:

Éischtens baséiert dësen Accord op enger globalpolitescher Dimensioun. Zweetens gesäit en eng participativ Approche vun deenen eenzelne Partner vun dësem Accord vir. Drëttens baséiert en op enger strategescher Orientatioun, fir d'weltwäit Aarmut ze bekämpfen. Véiertens fixéiert en en neie Kader vu wirtschaftlecher a kommerzieller Kooperatioun. A fënneftens préconiséiert en eng Verbesserung vun der finanzieller Kooperatioun zwëschent de Partner iwwert de Wee vun enger Instrumentalisatioun vun den Investitiounshëllefen.

Den Accord vu Cotonou ass iwwer eng Period vun 20 Joer ofgeschloss, esou datt en am Joer 2020 op en Enn geet. Allerdéngs ass virgesinn, datt all fënnef Joer eng Revisioun vun dësem Accord soll virgeholl ginn, op Base vun deenen Ännerungsvirschléi, déi vun deene verschiddene Partner zu dësem Accord erakommen. Et ass dann och iwwert déi éischt Revisioun, wou mer haut an hei sollen diskutéieren.

Här President, déi éischt Revisioun ass ënner lëtzebuergescher Présidence am Joer 2005 ënnerschriwwe ginn. Ech sinn dofir och besonnesch houfreg, lech dëse Projet haut virzestellen, deen d'Ratifikatioun vum Accord de révision beinhalt. D'Diskussiounen iwwert dës Revisioun hunn am Februar 2004 ugefaangen, wou déi verschidde Parteien hir Ännerungsvirschléi eraginn hunn. An déi formell Verhandlunge sinn dann am Mee 2004 lancéiert ginn, fir den 23. Februar 2005 definitiv, wéi scho virdru gesot, ënner lëtzebuergescher Présidence finaliséiert ze ginn.

Wat sinn elo déi wesentlech Ännerunge par rapport zum initialen Accord? De Kampf géint d'Aarmut steet natierlech nach ëmmer am Mëttelpunkt vun dësem Accord, mat allerdéngs méi engem groussen Akzent op engem nohaltege Finanzement, op d'Sécherheet an och op de politeschen Dialog.

Wat elo, fir domadder unzefänken, déi politesch Dimensioun betrëfft, gesinn ech hei haaptsächlech véier Schwéierpunkten: Éischtens soll de politeschen Dialog virugefouert ginn zwëschent de Partner. An dëse politeschen Dialog baséiert op dräi Pilieren:

éischtens d'Mënscherechter, zweetens d'„good governments" an drëttens de Rechtsstat. Laut deem ëmgeännerten Accord wäert et an Zukunft méiglech sinn, datt, wann eng vun de Parteie sech net un déi virgenannte Prinzipien hält, et zu enger Consultatiounsprozedur ka kommen, déi et soll erméiglechen, e systematesche politeschen Dialog ze garantéieren.

Zweet grouss Neierung am revidéierten Accord ass, datt eng Referenz gemaach gëtt op de Kampf géint d'Ausbreedung vun de Massevernichtungswaffen, deene sougenanntenen ADMen. Drëtt grouss Neierung ass, datt souwuel am Préambule wéi am Text selwer eng Dispositioun iwwert de Fonctionnement vum Internationale Strofgeriichtshaff drasteet. Déi véiert Neierung besteet doran, datt d'Noutwendegkeet ënnerstrach gëtt, wat eng besser Zesummenaarbecht vun deene verschiddene Partner betrëfft an hirem Kampf géint den internationalen Terrorismus.

Wat elo d'Strategie vun der Entwécklungspolitik selwer betrëfft, sinn eng Rei zousätzlech Objektiver an den Accord ageschriwwe ginn, wéi d'Objectifs du Millénaire souwéi eng méi effizient Promotioun vum Kampf géint déi divers Sexualkrankheeten. Derniewent sollt et awer och an Zukunft zu enger verbesserter Ënnerstëtzung vun deene sougenannten ANEe kommen. Déi sollen op eng wesentlech méi einfach Aart a Weis un déi Finanzementer kommen, déi bis elo exklusiv de staatlechen Institutioune virbehale waren.

Schlussendlech gëtt an dësem Kapitel och nach eng Kéier d'Wichtegkeet vun der regionaler Kooperatioun ënnerstrach an eng Lanz gebrach, fir d'Informatiouns- an d'Kommunikatiounstechnologië méi effizient anzesetzen, am Kontext vun deene virgezeechente Strategien.

Eng lescht Bemierkung zu dësem Kapitel ass, datt déi sougenannten ACP-Inselstate méi effizient sollen ënnerstëtzt ginn, wat déi wirtschaftlech an déi ekologesch Erausfuerderunge betrëfft, déi an deenen nächste Joren op dës Länner zoukommen, dat ganz besonnesch am Kontext vum Klimaschutz.

Wat elo d'Kapitel iwwert d'Investitiounsfacilitéiten ugeet, sinn haaptsächlech eng Rei vun Erliichterunge virgesinn, wat d'Konditioune vun de Prêten ugeet an awer och d'Bonificatioun vun den Zënse vun dëse Prêten an d'Rémunératioun vun de Banken, déi dës Prêten accordéieren. Ech wëll hei net an den Detail vun dëse Vereinfachungen agoen. Fir all déi Kolleeginnen a Kolleegen, déi heirunner ganz besonnesch interesséiert sinn, verweisen ech op mäi schréftleche Rapport respektiv op de Projet de loi.

Dat lescht Kapitel ass dann dat vun der Gestioun vun deenen domadder zesummenhänkende Prozeduren, wou jo och eng Rei Ännerungen zréckbehale ginn. Sou sollen an Zukunft déi verschidde Ressourcen op eng méi flexibel Aart a Weis accordéiert ginn, a ganz besonnesch sollen dës Ressourcen a Krisen- a Konfliktsituatioune méi effikass agesat ginn. Déi Kommissioun, déi am Accord festgeschriwwen ass, soll dann och d'Gestioun vun dëse Ressourcen esou laang selwer maachen, bis et zu enger Normalisatioun vun der Situatioun an deene Krisegebidder kënnt.

Schlussendlech soll et dann och nach zu enger Reformulatioun vun de Fonctioune vun deene verschiddenen Agente kommen, déi mat der Gestioun vun deene Ressourcë chargéiert gi sinn. An dat soll sech dann och an enger Vereinfachung vun de Prozeduren erëmfannen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst sinn a groussen Zich déi wesentlech Verbesserungen, déi um Original-Accord virgeholl gi sinn. Ech wollt awer vun der Geleeënheet profitéieren, och nach eng Kéier drun ze erënneren, datt d'Participatioun vu Lëtzebuerg am Fonds Européen de Développement, deem sougenanntene FED, op 0,27% festgeluecht ginn ass, wat eng global Zomm vun 61.241.400 Euro iwwert déi nächst sechs Joer ausmécht, iwwert déi deen zéngte FED sech wäert belafen.

Erënnere wëllt ech drun, fir lech och de Verglach hei ze weisen, datt d'Kontributioun vun eisem Land um néngte FED, deen um Enn vun dësem Joer ausleeft, 40 Millioune bedroen huet. Och hei also eng substanziell Steigerung vun eiser Kontributioun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Kader vun der Diskussioun vun dësem Projet an der zoustänneger Kommissioun hu mer eis awer och nach méi laang a méi intensiv mat de wirtschaftlechen a ganz besonnesch den ekologeschen Erausfuerderungen, déi op d'ACP-Staten zoukommen, auserneegesat.

Wat eis als Kommissioun e bësselchen un deem revisionéierten Accord stéiert - a mir si mat eise Kritiken do net eleng, well de Statsrot huet a sengem Avis och dorobber higewisen -, ass, datt all déi Aktiounen, déi am Artikel 89 virgesi sinn, nëmme fir d'ACP-Inselstate sollen zielen an net fir déi Staten insgesamt. Do ass et awer esou, datt souwuel déi wirtschaftlech wéi awer och ganz besonnesch déi ëmweltpolitesch Erausfuerderunge sech souwuel op déi eng wéi déi aner bezéien, och wann et eis alleguerte kloer dierft sinn, datt, wat den ëmweltpolitesche Plang betrëfft, sécherlech déi ACP-Inselstate méi exposéiert si wéi vläicht aner Staten.

En zweete Problem, mat deem mer eis auserneegesat hunn, ass dee vun enger ganz enker Relatioun, déi besteet zwëschent dem Accord vu Cotonou, iwwert dee mer haut de Mëtteg diskutéieren, an dem Doha-Zyklus vun der Welthandelsorganisatioun.

Une voix.- Très bien!

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Fir d'Kommissioun ass et kloer, datt eng Rei vun deene Mesuren, déi am ëmgeännerten Accord vu Cotonou festgeschriwwe sinn, nëmme kënnen ëmgesat ginn, wann den Doha-Zyklus gläichzäiteg mat Succès an deenen nächste Méint kann ofgeschloss ginn.

E gutt Beispill heifir ass den Zougang vun deenen aarme Länner zu deene méi bëllege Medikamenter, dëst ganz besonnesch och am Kontext vum Kampf géint den Aids. Laut den Zuele vun der Weltgesondheetsorganisatioun ass et nach ëmmer déi traureg Realitéit, datt 77% vun den afrikanesche Länner keen Zougang zu dëse méi präiswäerte Medikamenter hunn. Dëst ass fir d'Kolleeginnen an d'Kolleegen an och fir mech net nëmmen absolut inakzeptabel, mä och onverständlech, wann all Dag honnerten, wann net dausende vu Mënsche stierwen, well den Zougang zu deene méi bëllege Medikamenter onméiglech ass.

Mäi Wonsch wär et dofir, datt um Niveau vun der EU-Kommissioun alles ënnerholl gëtt, déi verwuerelt Situatioun bei der Welthandelsorganisatioun esou ze hëllefen ze deblockéieren, datt zumindest den Zougang zu dëse Medikamenter esou schnell wéi méiglech fir dës ACP-State kéint garantéiert ginn.

Une voix.- Très bien!

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Mä och wat eng Rei vun anere gutt gemengte Mesurë betrëfft, ass et liewenswichteg fir d'ACP-Länner, datt se e wesentlech vereinfachten Zougang op déi européesch an amerikanesch Mäert kréien. Sollt dat nämlech net de Fall sinn, Dir Dammen an Dir Hären, ass ze fäerten, datt en Deel vun deene Mesuren, déi ech lech virdru beschriwwen hunn, net wäerte kënnen ëmgesat ginn an am Stadium vum Wonschdenke vun eis alleguerte wäerte bleiwen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, domadder kommen ech och schonn zum Schluss. De Projet, dee mer haut hei stëmmen, ass e weidere wichtege Schrëtt am Kampf géint d'Aarmut weltwäit, an ech sinn dofir och ganz besonnesch frou, datt, wann Dir haut de Mëtteg dëse Projet stëmmt, mir eent vun deenen éischte Länner sinn, wat dëse revidéierten Accord ratifizéiert. Dëst géif dann och déi Virreiderroll, déi eist Land um Niveau vun der Entwécklungspolitik konstant säit Jore spillt, nach eng Kéier ënnersträichen.

De Kampf géint d'Aarmut kann nëmmen da gewonne ginn, wann all Partnerland an Zukunft déi Mesuren, déi am Accord vu Cotonou beschriwwe ginn an déi duerch dëse revidéierten Accord ëmgeännert ginn, Schrëtt fir Schrëtt ëmsetzt, dëst am Dialog mat all deenen anere Partnerstaten. Nëmme wa mer dat fäerdegbréngen, besteet eng Chance, datt mer da spéitstens 2020 zesumme kënne feststellen, datt mer eng entscheedend Schluecht géint déi weltwäit Aarmut gewonnen hunn.

Dëse Projet, Här President, ass awer och eminent wichteg fir d'Européesch Unioun, well an Zäiten, wou vill vu Liberaliséierung a Globaliséierung geschwat gëtt, beweist dësen Accord nämlech, datt et och iwwer all dës Diskussiounen en Europa vun der Generositéit gëtt. Fir dës Generositéit huet awer säit Cotonou eppes fundamental geännert fir all déi ACP-Länner, nämlech datt se vun der Européescher Unioun net méi als Almosenempfänger, mä als gläichwäerteg Partner ugesi ginn, an dat Gesetz, wat mer haut hei stëmmen, soll dës Partnerschaft nach ausbauen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- An dësem Sënn géif ech lech dann och alleguerte bieden, dësem Projet eng méiglechst grouss Zoustëmmung ze ginn, an ech bréngen dofir och schonn direkt d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Mosar. Éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Charles Goerens. Här Goerens!

Discussion générale

M. Charles Goerens *(DP).*- Merci, Här President. Ech kann do virufueren, wou den Här Mosar als Berichterstatter, deem ech iwwregens wëll félicitéieren, opgehalen huet, nämlech fir och den Accord vu menger Fraktioun ze bréngen. Den Accord zu dem éischte reviséierten Accord vu Cotonou fënnt eis Zoustëmmung, well et e Versuch wäert ass, fir d'Relatioune vun Europa mat Afrika ze intensifiéieren. Et ass e Versuch wäert, well Afrika steet virun Erausfuerderungen, déi gewalteg sinn an déi de Kontinent aus eegener Kraaft net selwer packt.

Dat mierke mer un der Lecture vun der Evolutioun vun de Millennium Development Goals, wou jo de Versuch gemaach ginn ass, fir bis 2015 d'Aarmut ëm d'Halschent ze reduzéieren. Déi allerwéinegst Länner an Afrika wäerten dat packen. Eent vun deene wéinege Länner, wat wahrscheinlech dat Zil erreeche wäert, dat ass Mosambik, mä déi allermeescht wäerten net an der Lag sinn, fir dat ze maachen.

Elo kann een zwou Lecturë vun där internationaler Situatioun hunn, a besonnesch vun der Entwécklung vun den afrikanesche Staten. Déi eng, dat ass déi, déi mer an der Press ganz oft zur Kenntnis huelen: Eng Attitude misérabiliste vis-à-vis vun Afrika, wou ëmmer erëm gepocht gëtt op dee Stëllstand, Immobilismus, Réckschrëtter, woubäi awer oft iwwersi gëtt, datt ganz vill Entwécklungen an Afrika net richteg an hirer ganzer Importenz erfaasst ginn.

Ech denken zum Beispill un déi westafrikanesch Staten, déi an enger Generatioun hir Populatioun verdräifacht hunn, déi och hire PIB praktesch verdräifacht hunn, déi also och hir Production alimentaire mat dräi multiplizéiert hunn. Wann een da just d'Resultater ramenéiert op d'Production alimentaire par tête d'habitant, dann huet een natierlech Resultater, déi vergläichbar mat deene sinn, déi mer an de 70er Joren haten. Dat ass jo awer ongerecht. Ëmmerhin ass awer d'Wirtschaftsleeschtung insgesamt, makroekonomesch gesinn, an deene Länner méi wéi verduebelt, praktesch verdräifacht ginn. Dat däerf een net iwwersinn, wann ee wëllt rapid Jugementer maachen iwwert d'Situatioun an deene Länner.

Den Här Mosar seet zu Recht, datt dee Rapport hei, jiddefalls esou géif ech en interpretéieren, e bësse méi Berechenbarkeet bréngt, andeems datt mer eng Enveloppe financière fixéiert hunn, déi ënner Lëtzebuerger Présidence négociéiert ginn ass, déi en fin de compte och zréckbehal ginn ass an déi dann den afrikanesche Länner erlaabt, mat deem ganzen Instrumentarium eng Partie nei Weeër ze beschreiden, déi schonn am Accord vun 2000 ugeschnidde goufen.

Ee vun deenen ass d'Promotioun vun neien Acteuren, wou den Akzent op d'Promotion du secteur privé geluecht gëtt, wou den Akzent och op d'Promotioun vun der Société civile an Afrika selwer geluecht gëtt, wat indispensabel Schrëtt sinn, fir virunzekommen, an och indispensabel Effortë sinn, déi mussen ënnerholl ginn, fir datt Afrika endlech aus där Kritik erauskënnt, si géife Liichtjoren hannert der Entwécklung vun hiren asiatesche Kolleegen hänken - wat och net ganz falsch ass, mä wat awer géif verdéngen, méi genee interpretéiert ze ginn.

Loosse mer och net vergiessen, datt d'Européesch Unioun viru kuerzem hir Strategie fir Afrika entwéckelt huet, déi een an de groussen Zich kann deelen, wou natierlech, an zu Recht, den Akzent op d'Ameliioratioun vun der Regierungsfäegkeet vun deene Länner, wat mer mat deem pompösen Term Gouvernance ëmmer beschreiwen, geluecht gëtt. Dat ass essenziell, well ouni d'Assomptioun duerch d'afrikanesch State vun hiren haapt Fonctions régaliennes, zum Beispill d'Förderung vun der Sécherheet oder d'Garantie vun der Sécherheet innerhalb an ausserhalb vun de Grenzen, mécht ee keng Fortschrëtter.

Et gëtt an Afrika kee Fortschrëtt, wann een net Sécuritéit huet. Et gëtt keng Entwécklung ouni Sécherheet an et gëtt keng Sécherheet ouni Entwécklung, an aus deem Cercle vicieux muss een erauskommen. Dee ganzen Instrumentarium, dee jo och nach verfeinert gëtt, an dee mer viru kuerzem och an der Commission des Affaires étrangères nach eng Kéier kommentéiert hunn, nämlech déi Facilitéiten, déi d'Européesch Unioun och wëllt accordéieren, dräi Milliarden Euro, déi zousätzlech nach sollen investéiert ginn, fir d'Gouvernance an Afrika ze amélioréieren, déi kënnen nëmmen eis Zoustëmmung fannen.

Mir sinn elo hei an engem Kader, wou kooperéiert gëtt, wou Afrika eng Chance kritt, fir sech ze entwéckelen, an dat no enger relativ intelligenter Konditionalitéit. Virun zwee Jorzéngten hätte mer hei gestanen a gesot: Net amëschen an intern Ugeleeënheete vun afrikanesche Staten oder vun anere Staten! Well mir waren nach vill ze vill no bei der Kolonialzäit, an alles, wat een do a Form vu Konditiounen hätt kënnen oplëschten, dat wär als en Affront ugesi ginn an et wär - deemools jiddefalls - net politically correct gewiescht.

Haut wär et éischter politically incorrect, wann een net géif op eng Partie Konditiounen insistéieren, an duerfir ass et wichteg, datt een déi richteg Konditioune beméit, fir kënnen ze kooperéieren. Déi Konditionalitéit däerf ni humiliant si fir d'Empfängerland. Et muss an engem Geescht vu Partenariat - dat kléngt elo banal -, mä et muss an engem Geescht vu Partenariat entwéckelt ginn. E Partenariat, deen natierlech ëmsou méi Chancen huet ze geléngen, wéi och déi Länner, d'Empfängerlänner, bereet sinn, sech un d'Ofmaachungen ze halen an och aus hirer eegener Kraaft alles ze maachen, fir kënnen déi Accorden do zum Droen ze bréngen.

Europa reecht d'Hand, an dat op enger Toile de fond, déi net einfach ass. Eenzel Elementer hunn ech elo schonn opgezielt. Eng aner a komplett nei Donne, déi 2000 fir den éischten Accord Cotonou négociéiert ginn ass, nach net an deem Ausmooss erkennbar war, ass d'Presenz vu China an Afrika. Eng Presenz, déi alles défiéiert, wat mer eis kënnen an der Entwécklungspolitik virstellen. En Engagement vu China an Afrika, dee sech praktesch ouni Konditionalitéit ofwéckelt. An doraus gëtt och erkennbar, wat de Geescht ass, mat deem Europa un d'Kooperatioun mat Afrika erugeet, a wat de Geescht ass, mat deem China un d'Kooperatioun mat Afrika erugeet.

D'chinesesch Aussepolitik ass ausschliesslech drop ausgeriicht, fir d'Rohstoffversuergung vu China ze sécheren, während Europa awer a senger Konditionalitéit eng Partie Valeure véhiculéiert, déi net des valeurs européennes sinn, mä des valeurs universelles. An duerfir, mengen ech, muss ee bedéngungslos hannert deene Bedéngungen do stoen, déi mer an deem Kader zur Uwendung bréngen. Eng essenziell Démarche; mä et sinn zwou Démarchen, déi sech konkurréieren. A mir gesi jo wat fir eng Ravagen datt China amgaang ass ze maachen, mat wat fir enger Wucht datt se do eruginn.

Viru kuerzem war jo och de President vu China an Afrika selwer. A wann ee schonn eleng den Itinéraire gesäit, deen en hat, dee géif praktesch keen européesche Politiker huelen. Hie war am Simbabwe. Hie war am Sudan. Am Sudan, do, mengen ech, misst een natierlech och present sinn, fir ze kucken, ob déi Regierung net endlech kann zur Vernunft bruecht ginn.

Hie war awer och a Südafrika, wou hien drop higewise ginn ass, datt China sech awer och net alles kann erlaben um Kontinent. Do prallt hie Gott sei Dank och of un engem Selbstbewosstsi vun den Afrikaner, wat een nëmme ka begréissen a wat och zum Ausdrock kënnt an deem Wëllen, fir Afrika nei Strukturen ze ginn an och den afrikanesche Kontinent institutionell ze restrukturéieren.

Ech schwätze vun der Union africaine, déi viru kuerzem zu Addis Abeba hire Sommet hat, hir Generalversammlung praktesch, kann ee soen, a wou et den Afrikaner emol jiddefalls gelongen ass, dat Allerschlëmmst ofzewieren, nämlech datt de President vum Sudan och President géif gi vun der Union africaine, wat am Fong soss näischt gewiescht wier, wéi de Bock zum Gäertner ze maachen.

Mam Sudan si mer op engem vun de ganz empfindleche Punkten um afrikanesche Kontinent, well de Sudan ass net nëmmen e Land, de Sudan ass en hallwe Kontinent. Wann ee gesäit, wat Onrouen an deem Land net nëmmen u Misär innerhalb vu senge Grenze kënne provozéieren, mä och

nach iwwer seng Grenzen eraus, da kann een nëmmen hoffen, datt et do esou séier wéi méiglech zu enger Léisung kënnt.

Mä do si mer erëm eng Kéier mat China konfrontéiert, dat sech an deem Land och wëllt seng Uelechversuergung sécheren an dat dann natierlech och als Member vum UNO-Sécherheetsrot duerch d'Fanger kuckt, wa méi een haarden Toun soll ugeschloe gi vis-à-vis vum Sudan.

Hei weist d'Realpolitik sech wierklech mat hirer allerdreckegster Fratz, wat een nëmme just zudéifst bedauere kann. Well mir kënnen awer net nokucken, datt an der allgemenger Indifferenz do honnertdausende Leit mat hirem Liewe bezuelen, fir et emol ganz gelënd auszedrécken, an datt Millioune vu Leit déplacéiert ginn.

Et si praktesch 60% vun der ganzer Bevölkerung am Darfur vun deem Konflikt ganz direkt betraff, entweder duerch intern oder sech iwwert d'Grenze vollzéiend Déplacementer. Frae gi violéiert an de Campen, den ONGe gëtt et praktesch onméiglech gemaach an hirem Wierken, well déi verdammte Regierung zu Khartoum net amstand ass, hir Verantwortung ze iwwerhuelen an där alleréischter vun hire Fonctions régaliennes nozekommen, nämlech fir dozou bäizedroen, datt hir Bevölkerung geschützt gëtt!

Si kënnen dat natierlech och maachen, déi Irresponsabilitéit, well se wëssen, datt se vum UNO-Sécherheetsrot sech net vill kromm Fangere brauchen ze erwaarden. Well ee Land huet selwer Problemer mat sech: Dat ass Russland an Tschetschenien, déi jo och net grad sech do op eng exemplaire Manéier behuelen. An dat anert, China, denkt haaptsächlech un d'Sécherung vu senger Rohstoffversuergung.

Wann ech dat do soen, ass et net fir hei zu deem Bild vu Misérabilisme bäizedroen, dat ech am Ufank versicht hunn ze skizzéieren, mä einfach fir ze soen opgrond vu wat fir enge Schwieregkeeten ee muss d'Resultater an d'Beméiunge vun den Afrikaner miessen. Déi Union africaine, iwwert déi gespëttelt gëtt, si hätt nëmme ganz médiocre Resultater ervirbruecht: Esou Kommentare fannen natierlech nëmme just Agang a ganz arrogant Haltungen.

Hu mir wierklech nach Ursaach, fir den Afrikaner grouss Lektiounen ze halen, wëssend datt se sech vun engem Modell inspiréieren, vun engem européische Modell inspiréieren, och vun engem européischen institutionelle Modell inspiréieren, deen de Moment en panne ass, bei eis selwer? Mir hunn also Intérêt drun, fir mat e bësse méi Demut un déi ganz Analys erunzegoen an dat alt emol zréckzebehalen, wat um Niveau vun der Union africaine passéiert.

Ech fannen d'Iddi nach ëmmer begréissenswäert, datt se nei Weeër versicht hunn ze goen an och nach viru ginn, déi sech agréabel ënnerscheede vun där Farce, déi d'OAU, d'Organisation de l'Afrique Unie, an der Zäit duergestallt huet. Doduerch datt sech Afrika wëllt an deene verschiddene Regiounen organiséieren, sech institutionaliséieren, fir Forces d'intervention rapides op d'Been ze stellen, déi à l'horizon 2008 oder 2010, wa meng Erënnerunge richteg sinn, sollen operationell sinn, maachen se am Fong a puncto Friddenssécherung näischt anescht wéi dat wat Europa selwer versicht huet an d'Wee ze leeden a wat och nach eng Operatioun ass, déi net ofgeschloss ass.

Wann ee weess, wat fir eng Viraussetzung, datt mir hunn, bei alle budgetäre Schwieregkeeten, déi d'Länner kennen, da muss een awer och e bësse méi nosiichteg sinn, wann d'Afrikaner net kënne vun haut op muer dat do hikréien!

An da muss een och wëssen, datt een net vun der Afrikanescher Unioun kann erwaarden, datt si amstand ass, Konflikter ze schlichten op hirem eegene Kontinent, wa se net déi materiell a logistesch Moyenen huet, fir dat alles ze maachen. Wa mer da mengen, hir Resultater wiere médiocre a mir géifen domat dee ganzen institutionelle Prozess a Fro stellen, dann hu mer eis an der Analys gëiert. Mir mussen op déi reell Ursaachen zréckkommen.

Déi Wett op d'Zukunft kann Afrika nëmme just gewannen, wa se eng Partie Défié mateneen an Ugréff huelen. Deen institutionellen hunn ech elo grad erwähnt. Deen ekonomeschen hunn ech just gestäräift. Mä ech wollt awer zum Ofschloss nach eppes soen iwwert d'Accords de partenariat économique, déi och virgesi sinn an deem Cotonou-Accord.

Déi sollen dozou bäidroen, datt d'afrikanesch Staten sech wirtschaftlech désenclavéieren, méi Zougang, e besseren Zougang an e bessert Abréngen an d'Weltekonomie fannen. Dat ass e fromme Wonsch. An ech mengen och, datt déi Deadline vun 2008, wou déi Accords de partenariat économique sollen ofgeschloss sinn, fir meng Begréffer jiddefalls terribel optimistesch ass. Ech ka mer net virstellen, datt déi Verhandlungen, déi elo lafe mat den afrikanesche Regiounen, déi sech regruppéiert hunn, fir kënne mat der Européischer Unioun ze négociéieren, fir dann zu Accorden ze kommen, déi sollen dee Gesamtaccord mat der Européischer Unioun ersetzen, datt déi bis dohinner fäerdeg sinn. Ech mengen, an dëser Hisiicht wier et ubruecht, wann ee sech géif nom Prinzip orientéieren: Il faut se hâter lentement.

De Minister huet selwer schonn drop higewisen, a mir sinn eng ganz Rei an dësem Haus, déi hien doranner och ënnerstëtzen, datt een awer, wann een d'Kompetitioun opmécht, muss kucken, datt et och e Minimum vu Chancëgläichheet gëtt tëschent deenen eenzelne Compétiteuren. Wann ee gesäit, datt zum Beispill am Secteur vum Agrarhandel d'Produktivitéitsdifferenzen tëschent dem Sahel an der Européischer Unioun vun 1 bis zu 500 reechen, da gesi mer awer, datt dat keen eidelt Wuert ass fir ze soen, et muss een awer deenen doten e bësse méi Chancë ginn, fir sech ze muscléieren an duerno vläicht zwar e virsiichtegen, mä méi e couragéierte Schrëtt a Richtung Ouverture sur l'économie mondiale ze riskéieren.

Dat alles ass den Objet vun där Négociatioun elo, déi extrem wichteg ass an déi - mir hoffe jiddefalls als Demokratesch Partei - och de Stempel kritt, deen de Louis Michel hir wollt opdrécken, nämlech dee vum Accord de partenariat économique als Form vun engem Instrument de développement ze verstoen.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Seet hien.

M. Charles Goerens *(DP).*- Här Huss, wann Der an deem doten Domän net optimistesch sidd a wann Der net all Kéiers Är Imaginatioun beméit, mä wann Der d'Bengele bei d'Tromm gehäit, da kritt Der ni eppes hin. Ech hunn emol eng Kéier hei, wéi ech nach an der Regierung war, gesot, d'Entwécklungsministeren, dat sinn Don Quichotten, déi permanent récidivéieren. Well wann Der nom éischte Coup an d'Gette gitt, da versicht Der näischt méi. Mir sinn am Fong eng ganz Rei vun nëtzlechen Idioten, déi sech och sollen zu hirem Idiotendasein bekennen a kucken, datt se zu méi ginn.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Dat hëlleft den aarme Länner awer net vill.

M. Charles Goerens *(DP).*- Oh dach, Här Huss! Et kann ee ganz vill hëllefen an et däerf een och net dat ënnerschloen, wat positiv ass un den Entwécklungen. Zum Beispill déi ganz Coopération transfrontalière, kleng Projeten, déi net vill kaschten, wou Ambulanze kënne grenziwwerschreidend agesat ginn tëschent Länner, déi a priori um Punkt sinn, fir matenee Krich ze féieren. Ech denken zum Beispill un d'Côte d'Ivoire an un de Burkina Faso. Dat fonctionnéiert do!

Ech denken u grenziwwerschreidend Kommunikatiounsmëttel, déi zum Asaz kommen, zum Beispill Radio an Televisioun, och tëschent Gruppen, déi a priori vun hiren Zentralregierungen net encouragéiert ginn, fir dat ze maachen. Ech denken zum Beispill un déi Iddi, déi d'Afrikanesch Unioun opgegraff huet, fir dat do um ganze Kontinent duerchzebréngen: Ech denken un déi gemeinsam Analysen, déi gemaach ginn iwwert d'Situatioun um Sécherheetsplang. Ech denken un alleguer déi Versich, déi gemaach ginn, fir d'Stratégies de lutte contre la pauvreté an deenen eenzelne Länner opzeriichten. An ech denken och un déi Resultater, déi mer hunn. Wa mer viru fënnef Joer gesot hunn: Sida, null Chance, fir kënnen engem Afrikaner Accès ze ginn zu den Antirétroviralen, da musse mer awer haut gesinn, datt déi Analysen, déi deemools gemaach gi sinn, komplett falsch waren. Viru sechs Joer ass gesot ginn...

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- 70% vun den Afrikaner hunn nach haut den Accès net. Dat sinn d'Zuele vun der Weltbank.

M. Charles Goerens *(DP).*- Entschëllegt, Här Huss. Dir sidd schrecklech ongedëlleg. Är Iddien, déi Der op deem dote Plang verdeedegt, si gradesou sympathesch wéi Är Ongedold, déi mer de Moment schrecklech op d'Nerve geet. Dat soen ech lech an aller Frëndschaft.

(Hilarité)

Här President, wann ech dem Här Huss op deem dote Punkt just ka soen, datt den Optimismus sech lount, da wëll ech drun erënneren, datt et am Joer 2000 e puer Leit gouf - onverbesserlech Optimisten -, deenen heibannen awer och kee Mënsch eppes geleeft hätt. Déi hu gesot: Mir musse kucken, datt mer elo - ech schwätze vum Joer 2000, wou de Präis vun engem Traitement vun engem Sida-Patient 10.000 Dollar pro Joer a pro Patient kascht huet - nawell de Sida-Patienten an Afrika den Accès zu deem dote Medikament erméiglechen. Firwat? Aus ethesche Grënn.

All Mënsch huet gesot: Ekonomesch an haushaltspolitesch ass dat do net ze vertrieden. Eng Partie Leit hunn och nach gesot, dont och eng ganz Rei vun Entwécklungsministeren: Prévention d'abord, traitement d'accord. Déi hu sech alleguer gëiert. Wësst Der firwat? Well wann ee wëllt an Afrika een iwwerzeegen en Aidstest maachen ze goen, wou ass dann deem säin Intérêt drun, fir dat ze maachen, wann en net déi geréngste Chance huet op Heelung? Also, wann en herno net déi geréngste Chance huet op en Zougang zu den Antirétroviraux, déi säi Liewe ëm fënnef, zéng Joer verlängere kënnen.

Wat ass geschitt, Här Huss? An Zäit vu sechs Joer ass de Präis net méi 10.000 Dollar, mä nach 150. En ass also duerch 70 dividéiert ginn. Déi, déi deemools optimistesch waren, haten also Recht. An ech hunn d'Hoffnung net opginn, datt dat wat am Fall vum Sida méiglech war, datt een dat och kann op eng ganz Partie aner Fäll iwwerdroen.

Et sinn och an Afrika eng Partie Iwwerleeungen do, déi an hirem Denke méi wäit ginn, wéi dat wat d'UNO „foutéiert" war am Joer 2005 an hirer neier Strategie zu Pabeier ze bréngen. Ech denken zum Beispill un d'Haltung: Wéi maache mer et, wann innerhalb vun de Grenze vun engem Land d'Leit geschluecht ginn? D'Afrikaner soen zum Beispill: Mir sinn zwar net fir de Prinzip vun der Non-ingérence, mä mir si fir de Prinzip vun der Non-indifférence.

Dat, wat mir haut praktizéiere vis-à-vis vum Darfur, dat grenzt scho bal un Indifférence. Wa mer emol op der Non-indifférence wieren, a mir géifen och emol versichen, diplomatesch - dat ass och éischter gesot, wéi gemaach - alleguer déi ze isoléieren, déi nëmme just hir eegen Intérêten an nëmme just hir eegen Ofsécherung vun der Rohstoffliwwerung upeilen, da wiere mer vläicht e bësse méi wäit.

Ech war elo déviéiert ginn, Här President, duerch dem Här Huss seng pertinent Awänn. Well ech weess, datt mer enger Meenung sinn, wollt ech dat nach eng Kéier heimat ënnersträichen. Ech soen lech awer Merci fir Är Opmierksamkeet, an ech hoffen, datt deen Accord hei, deen och net ouni Méritë vu Lëtzebuerger Säit zustane komm ass, datt deen eis hëlleft déi Wett op d'Zukunft, déi mer alleguer reklaméieren, ze gewannen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Goerens. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Angel. Här Angel!

M. Marc Angel *(LSAP).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt fir d'éischt dem Laurent Mosar Merci soe fir säi gudde mëndlechen a schréftleche Rapport. Ech ginn also elo net méi op d'Zustanekomme vun den Accorden an, déi jo elo haut hei an enger iwwerschaffter Form virleien. Genau wéi viru véier Joer - am Juli 2002 - wäert meng Fraktioun och haut hei dëse Modifikatiounen zoustëmmen.

D'deklaréiert Zil vun der Partnerschaft tëschent de 27 Länner vun der EU an deene 77 Afrika-, Karibik- a Pazifikstaten ass natierlech de Kampf géint d'Aarmut. Den Artikel 1 vum Cotonou-Accord seet onmëssverständlech, dass d'Reduktioun a wa méiglech natierlech d'Éradicatioun vun der Aarmut am Mëttelpunkt vum Accord stinn.

Et steet awer och dran, dass parallell dozou zwee aner Ziler musse verfollegt ginn: d'nohalteg Entwécklung an d'Integratioun vun den ACP- oder AKP-Länner an d'Weltwirtschaft. Gefördert gi sollen dofir déi ekonomesch, kulturell a sozial Entwécklungen an den AKP-Staten. Op dës Manéier solle Fridden a Sécherheet ënnerstëtzt ginn.

E weideren Aspekt, deen am Artikel 1 erwähnt gëtt - an deen, mengen ech, och enorm wichteg ass -, si stabil demokratesch Strukturen an deenen eenzelnen AKP-Länner. De Cotonou-Accord dréit deemno der Tatsaach Rechnung, dass d'Ursaache vun extremer Aarmut komplex a meeschtens struktureller Natur sinn. Fir dass d'Leit an engem sougenannten Drëttweltland eng Chance kréie kënnen, hir Situatioun dauerhaft ze verbesseren, mussen eng ganz Rei vu Konditiounen erfëllt sinn.

Wien eppes ännere wëllt, muss op villen Niveauen - an dat gläichzäiteg - usetzen. Gestäärkt gi musse souwuel déi staatlech Institutioune wéi och d'Participatiounsméiglechkeete vun der Zivilgesellschaft. D'Korruptioun muss bekämpft ginn, an och d'Rechtstaatlechkeet muss renforcéiert ginn. Nëmmen an engem halbwegs stabile politeschen Ëmfeld huet een och eng Chance Strategië fir eng flächendeckend Gesondheetsversuergung, Educatioun, Nahrungsmëttelsécherheet an en Zougang zu propperem Drénkwaasser ze entwéckelen an och ëmzesetzen.

All dës Aspekter ginn am Accord vu Cotonou ugeschwat an d'Modifikatiounen, zu deene mer haut eis Zoustëmmung ginn, verstäärke jo dës integréiert Approche. Dës Approche ass luewenswäert.

Fir dass sech awer eppes verännert, muss ee sech prezis Ziler setzen. Et ass also an deem Kader richteg finanziell Hëllefen u Konditiounen ze bannen. Dës Konditioune muss een awer kritesch analyséieren, an eenzelner kann oder muss ee souguer a Fro stellen. Et ginn eng Rei Konditiounen, déi et iwwerhaapt emol méiglech maachen, dass finanziell Hëllef gräift. Sou notzt et net vill, Milliarden Euro fir AKP-Länner bereetzestellen, wann e groussen Deel vun dëse Länner net d'Strukturen hunn, déi se bräichten, fir dës Sue kënne sënnvoll anzesetzen.

Esou kann een dëst illustréiere mat folgendem Beispill: Soulaang d'Fraen net emol iwwer elementar Rechter verfügen, a sexuell Gesondheet en Tabuthema ass, gëtt et och keng Chance d'Kannerstierflechkeet ze reduzéieren. Et ass deemno logesch, dass am Kader vum Cotonou-Accord d'Regierunge vun den AKP-State sech verflichte mussen ënner anerem esou Tabuen ze bekämpfen an d'Positioune vun de Fraen an der Gesellschaft ze verbesseren. Dëst Beispill hei heescht: politesch Konditionalitéit. An ech mengen, et ass wichteg dat vläicht nach eng Kéier ervirzesträichen.

Et gëtt aner Konditiounen, déi net eleng am Intérêt vun der Entwécklung vun den AKP-State sinn, mä déi och oder virun allem eis EU-Länner interesséieren. Dozou gehéiert zum Beispill de Kampf géint den Terrorismus. D'EU huet e kloren Interessi drun, dass d'AKP-Staten sech an dësem Beräich kooperativ verhalen. Am Prinzip misst dat och am Aklang mat der Politik vun den AKP-State sinn.

Et ass legitim Entwécklungsgelder u Bedingungen ze knüpfen, déi mussen erfëllt ginn, fir dass d'Suen effikass kënnen agesat ginn. Et ass dofir och akzeptabel, dass am Kader vun esou engem grousse Kooperatiounsaccord Aspekter ugeschwat ginn, déi net direkt de Kampf géint d'Aarmut betreffen, mä indirekt domat zesummenhänken a fir all Bedeelegt wichteg sinn. Net akzeptabel ass et dogéint, Konditiounen un e Kooperatiounsaccord ze bannen, déi dem Haaptzil, dem Kampf géint d'Aarmut, entgéintlafen.

E wichtegen, wann net dee wichtegsten Deel vum Cotonou-Accord, vun deem ech bis elo nach net geschwat hunn, betrëfft d'Handelsbezéiungen tëschent der Européischer Unioun an den AKP-Staten. Bis elo kruten a kréien och d'AKP-Staten nach Faveure gemaach, déi zum Deel sollte kompenséieren, dass se net wettbewerbsfäeg sinn an hiren Undeel um Weltmaart dofir immens kleng ass.

Et si grad déi favorabel Handelsbedingungen, déi den EU-Marché eesäiteg fir Produiten aus den AKP-Staten opmaachen, déi an der Vergaangenheet d'Zesummenaarbecht fir eis Partner esou attraktiv gemaach hunn. Leider steet esou eng préférentiel Behandlung am Géigesaz zu de Prinzipië vun der Welthandelsorganisatioun. Dass dës Faveuren nach net ganz ofgeschaaft sinn, läit just dorun, dass mer eng Iwwergangsfrist vun der WTO zougestane kruten.

Ëmgesat gi soll dës Absicht mat Hëllef vun de sougenannten Accords de Partenariat Économique, kuerz APE genannt. Bei der Négociatioun vun dësen Accordë si mer awer am Timing hannendran; wat net verwonnerlech ass, wann ee sech bewosst mécht wat fir eng Problemer e liberalen Handelsaccord fir all déi AKP-Länner bedeit.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Oppe Mäert kënne wuel fir en Entwécklungsland Virdeeler bréngen, mä nëmmen dann, wann eng schrëttweis Liberaliséie-

rung deem tatsächleche Besoin vun deem Land Rechnung dréit a wann dat Land eng gewësse Kontroll iwwert dëse Prozess huet. Wann d'Liberaliséierung soll dozou bäidroen d'Aarmut ze reduzéieren, da muss de Rhythmus, an deem dëse Prozess virugeet, fir all Land individuell ugepasst sinn.

Déi Erfahrung hu mer jo och an der EU bei deene verschiddenen Erweiderunge gemaach. Och hei kënne Länner, déi eng besser Startpositioun haten an déi fir de Bäitrëtt wierklech prett waren, besser a méi liicht vum fräie Maart profitéiere wéi déi aner.

Wéi 2002 hei d'Ratifizéierung vum Cotonou-Accord am Haus debattéiert ginn ass, huet den deemolege Kooperatiounsminister gemengt, dësen Accord wär eng Coquille vide. Et wär en Appel un all déi bedeelegt Acteuren, fir sech ze bewegen.

Am Kader vun den Négociatiounen iwwert d'APEen, also den Accords de Partenariat Économique, wou d'Damoklesschwert vun der WTO iwwert de Partner hänkt, ass d'EU amgaang sech ze bewegen.

Allerdéngs muss ee fäerten, dass si sech virun allem op d'WTO zou- a vun den erkläerten Ziler vum Cotonou-Accord ewechbeweegt.

Mä, wa mer d'Millennium Development Goals, d'Mënscherechter an all déi héich Ziler, déi aus der Europäescher Unioun eng Wäertegemeinschaft maachen, eescht huelen, da kann et net sinn, dass mer eis AKP-Partner virun onléisbar Problemer stellen, nëmme well grad de WTO-Verfallsdatum ofleeft.

Ganz konkret heescht dat, et ass de Januar 2008. Et geet hei net drëm, fir d'WTO schlechtzemaachen, mä och dëser Institutioun géifen e puer Reforme guttdoen. A grad déi Partnerschaft zwëschent den AKP-Staten an der EU, déi jo awer iwwer 100 Länner verbënnt, kéint do nei Impulser ginn. Wann een d'Muechtverhältnisser mat bedenkt, da misst esou en Impuls ganz kloer vun der Europäescher Unioun a vun hire Memberstaten ausgoen.

Als alleréischt wier eng Verlagerung vum Schwéierpunkt um Niveau an der EU-Kommissioun vläicht noutwendeg. Mir haten dëst Thema den 30. November an der aussepolitescher Kommissioun ugeschwat, wéi de Kommissär Louis Michel hei war. Hien huet gesot, dass säi Kolleeg, de Kommissär Mandelson, fir dësen Dossier zoustänneg ass, mä dass hien, de Louis Michel, awer mat agebonne wär.

Ech sinn der Meenung, dass den Dossier vun den APEen ze vill oder bal nëmmen aus der Siicht vum Handel gesi gëtt an net genuch aus der Siicht vun der Entwécklungszesummenaarbecht. An duerfir fannen ech och, dass de Louis Michel a seng Servicer net nëmmen agebonne solle sinn, mä e staarken Afloss op den Dossier APE solle kréien a richtungsweisend ginn.

De Louis Michel huet hei och gesot, wéi mer iwwert d'APEe geschwat hunn, dass eng wirtschaftlech Isolatioun vun den Entwécklungslänner an enger globaliséierter Welt néfaste Konsequenzen hätt. Weider huet hie gesot, an ech zitéieren: «Il n'y a pas de développement durable sans développement économique. D'un autre côté il est vrai que ce qui manque le plus dans ces pays, c'est l'État. Libéraliser le marché, si l'État est absent, conduirait au drame.»

An ech mengen, et ass grad dëst Argument, wat mer Angscht mécht, wann ech kucken a wéi eng Richtung am Moment d'Verhandlungen iwwert d'APEen amgaange sinn. An ech mengen, do hu mer all eng Flicht opzepassen.

Ech wollt ofschléisse mat engem Bréif, deen de Minister Schiltz un de Louis Michel geschriwwen huet no där Entrevue. Dat war elo am Januar 2007, wou hien op d'Négociatiounen ageet iwwert déi APEen a wou hie sech och Suerge mécht, dass déi Accordë sollen équitabel ginn, wou hien eng ganz Rei Problemer opwërft a wou hien och seet, dass hien am Kontakt mat senge Partner, den AKP-Länner, op verschidde Problemer opmierksam gemaach gëtt. Ech wollt de Minister do just froen, ob de Kommissär him schonn eng Äntwert ginn huet a wat déi vläicht beinhalt.

An dann eng zweet Saach, déi ech nach wollt ervirsträichen, ass: Wann ee kritesch Stëmmen héiert iwwert déi Accords de partenariat économique, da kommen déi haaptsächlech vun den ONGen an och deelweis vun den Altermondialisten. An da gëtt gesot: Jo, dat sinn déi eng do, Verschiddener dreemen do, déi hunn do eng ganz aner Vue, déi kennen d'Realitéiten net. Mä ech wëll awer och soen, dass d'Politiker ganz wachsam musse sinn an och kritesch solle sinn.

Ech hunn dunn an der Kommissiounssitzung jo och verwisen op e Bericht vun der Assemblée nationale. An an där Assemblée nationale ass jo keng Majoritéit vum Här Bové senge Kolleegen, mä do si Leit vun der UMP, vun der UDF a vum PS vertrueden. Déi hunn e ganz kritesche Rapport gemaach vun iwwer 310 Säiten iwwert d'Négociatioune vun deenen Accords de partenariat économique. Do sinn Iddien dran, déi ee kann deelen, anerer net. Mä ech mengen, et soll een do wachsam sinn. Ech mengen, eise Minister a seng Kolleegen am Ministerrot sollen do och der Kommissioun kritesch géigeniwwerstoen.

An duerfir wär ech och frou vläicht nach ze héieren, wéi am Fong d'Attitüd am Ministerrot, am Rot vun de Ministere vun der Kooperatioun ass zu deenen APEen, ob Dir do e bëssen Afloss hutt op d'Kommissioun. Oder wéi ass do Är Positioun?

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Angel. Den nächste Riedner ass den Här Huss. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 4. Juli 2004 hat dës Chamber no enger ganz kuerzer Debatt de Feu vert gi fir d'Approbatioun vum sougenannten Accord de partenariat zwëschent der Europäescher Unioun an den AKP-Staten.

D'Madame Renée Wagener fir DÉI GRÉNG an den Här Urbany haten deemools net fir dësen Accord gestëmmt, mat der Haaptbegrënnung, villes an deene Cotonou-Accorden hätt mat enger wierklech fairer Partnerschaft nëmme ganz wéineg ze dinn. Si haten sech beim Vote awer just enthalen. An datselwecht wäerten déi Gréng och haut beim Vote maachen, obschonn, wann een eleng aus der Perspektiv vun den aarmen Tiers-Monde-Länner géif jugéieren, et och genuch Grënn géif ginn, fir géint d'Cotonou-Accordë vun 2000 an déi hei virleiend Modifikatiounen ze stëmmen.

Eis Aschätzung vun de Cotonou-Accorden a vun den aktuellen Evolutiounen an dësem Kontext ass nämlech méi wéi kritesch. Mä mir sinn eis bewosst, datt och en negative Vote haut an hei vun eiser Säit souwisou näischt méi un dësen Accordë géing änneren.

Dës Accorden zwëschent dem räiche Ris „Europäesch Unioun" an dem aarmen Zwerg „AKP-Staten" sinn nämlech net ganz fair, well als absolut schwächsten Deel waren d'AKP-State gezwongen, wa se iwwerhaapt nach Entwécklungsgelder wollte kréien, vill fir si negativ Bestëmmungen am Joer 2000 ze schlécken. Déi Accordë vu Cotonou sinn also net nëmme wäitgehend déséquilibréiert, si wäerten doriwwer eraus an eisen Aen net dozou bäidroen, de Welthandel méi fair a méi gerecht ze maachen. Am Géigendeel!

Eng Rei vu Bestëmmungen aus deene Verträg, virun allem déi sougenannten Accords de partenariat économique, déi 2000 ënnert dem Drock vun der OMC, ënnert dem massiven Drock vun de westleche Multinationalen a vun den Apostele vum sougenannte Fräihandel an d'Cotonou-Accorden hu missen erageholl ginn, wäerten éischter dozou féieren, dass d'Kluft tëschent Superräichen aus dem räichen Norden an der batterer Aarmut am Süden nach weider wäert zouhuelen.

Vill Leit, Dir Dammen an Dir Hären, waren an deene vergaangenen een, zwee Joer erféiert an entsat, wéi se am Fernseh oder an den Zeitungen ëmmer méi heefeg dramatesch Biller gesinn hu vun Afrikaner a vun aner sougenannte Verdammter dieser Erde, wéi se de bekannte Schréftsteller Frantz Fanon eng Kéier genannt hat, vun dausenden an dausende vun Aarmutsflüchtlingen a Migranten, déi virun Aarmut an Ënnerentwécklung, virun Honger, Krankheet an enger totaler Perspektivlosegkeet aus hiren Heemechtslänner fortgelaf sinn, oder iwwert d'Mier laanscht déi westafrikanesch Küst geflücht sinn. Dausenden, vun deenen der vill an der Wüst ënnerwee verhongert oder erdiischtert sinn. Vun deenen der vill um Mier gekentert an erdronk sinn, Mënsche wéi mir, a wou een anerer vun hinne gesinn huet an de Stacheldréit vun den Enklaven, vun Ceuta a Melilla oder an Ofschiebelageren op de Kanaren a Spuenien oder a Süditalien.

Mir fäerten, Dir Dammen an Dir Hären, datt, och wann Europa sech nach méi verstäerkt wéi bis elo zu enger Festung wëllt ausbauen, trotzdeem de Stroum vun Elendsflüchtlingen aus dem Maghreb, aus dem südleche Mëttelmierraum an aus Afrika insgesamt net wäert ofhuelen. Am Géigendeel, e wäert an deenen nächste Joren nach weider zouhuelen, well all dëse Regiounen a well Afrika insgesamt keng wierklech seriö Entwécklungsperspektive gebuede ginn, net mat de Cotonou-Accorden, a scho guer net mat där dominéiernder OMC-Politik, déi de Charakter vun de Cotonou-Accordë bestëmmt huet.

Eng kuerz Zwëschebemierkung just op dëser Plaz. Dës wéineg erbaulech Feststellungen, dës méi düster Zukunftsperspektiven an eis Kritiken, déi ech méi am Detail vis-à-vis vun de Cotonou-Accordë wäert virbréngen, riichte sech net géint déi Lëtzebuerger Entwécklungspolitik. Si riichte sech och net géint d'Persoun vum zoustännege Kooperatiounsminister hei am Land, dee sech och an eisen Ae positiv engagéiert. Mir wäerte jo am Fréijoer geschwënn op d'Lëtzebuerger Entwécklungspolitik hei am Haus méi genau ze schwätze kommen.

Eis Kritike riichte sech méi generell un d'Politik vun der Europäescher Unioun, un d'Politik vun der därzäiteger EU-Kommissioun an un d'Adress vun der EU-Aussenhandelspolitik, déi ganz wéineg interesséiert ass un enger wierklech fairer a laangfristeg durabeler Entwécklung vun Afrika, vun den AKP-Staten a vun de Länner vum Tiers-Monde insgesamt, mä déi virun allem interesséiert ass un de kuerzfristegen Expansiounsméiglechkeete vun den europäesche multinationale Firmen, déi no bëllege Rohstoffquellen an och neien Ofsazmarchéen an Afrika sichen.

De wierkleche Motor vun der europäescher Aussepolitik ass dës Aussenhandelspolitik am Déngscht vun de Multinationalen an déi europäesch Entwécklungspolitik - d'Kooperatiounspolitik -, déi zwar elo iwwert den zéngte FED-Programm finanziell soll mëttelfristeg méi Moyene kréien - ronn 22 Milliarden Euro -, mä dës europäesch Hëllef- an Entwécklungspolitik wäert net à même sinn, déi global wirtschaftlech, sozial an ekologesch Schied opzefänken, déi duerch déi neoliberal Handelspolitik vun der Europäescher Unioun, vun den USA a vun aneren Industriestaten, inklusiv China an Indien, amgaangen ass, sech iwwert d'OMC duerchzesetzen.

Dir Dammen an Dir Hären, schonns am 19. Jorhonnert, zur Zäit vun der europäescher Kolonialzäit, ass et e Rush gi vun de groussen europäeschen Nationalstaten an hire kapitalisteschen Handelsgesellschaften, fir sech e méiglechst grousst Stéck vum afrikanesche Kuch ofzeschneiden, fir u méiglechst vill a méiglechst bëlleg Rohstoffer an Naturprodukter erunzekommen. Afrika ass fir Jorzéngten ausgeblutt ginn a leit deelweis nach haut ënnert den entwécklungspolitesche Konsequenze vun dësem europäesche Kolonialismus, während ëmgekéiert en Deel vum europäesche Wuelstand um Bockel a mam Blutt vun Afrika opgebaut ginn ass.

Haut, zënter de leschte Joren, hu mer et mat engem ähnleche Phenomeen, mat engem ähnleche Rush op Afrika, op seng Buedemschätz a seng Naturprodukter ze dinn; woubäi haut - am Ënnerscheed zum 19. Jorhonnert - an Afrika net nëmmen d'Europäer aktiv sinn, mä och d'USA, Japan, China an Indien. Vierdergrënneg geet et hinnen alleguerte scheinbar nëmmen ëm d'Wuel, ëm d'Entwécklungschancen an ëm en Développement durable vun Afrika.

A Wierklechkeet geet et awer ëm déi afrikanesch Pëtrolsquellen, ëm afrikanesch Rohstoffer wéi Uran, Bauxit, Koffer an esou virun. An et geet, wéi schonns gesot, ëm nei Ofsazmarchéé fir amerikanesche Kotteng oder Mais, fir chineseschen Textil, oder zum Beispill fir europäescht Mëllechpolver oder Fleesch, déi duerch d'Praxis vun onmoraleschen Dumpingpräisser déi lokal Produzenten a lokal Marchéen an den afrikanesche State ruinéieren an Aarmut a Perspektivlosegkeet produzéieren. An et geet iwwert déi nei Fräihandelsbestëmmungen, déi vun de räichen Industriestaten iwwert d'OMC an d'Cotonou-Accorden erakomm sinn, dorëmmer, fir déi afrikanesch Marchéé rücksichtslos opzemaachen a schutzlos dem Fräihandel ze ënnerwerfen.

Op dësen ökonomeschen Haaptaspekt vun dësen Accorden an hiren aktuelle Modifikatioune wäert ech gläich zréckkommen, mä fir d'éischt e puer Bemierkunge just zu eenzelnen - ech soe bewosst „eenzelnen" - méi positive Punkten an dëse Cotonou-Accorden.

Positiv ass sécherlech d'Verflichtung vun AKP-Staten zu enger sougenannter Bonne gouvernance, zu Rechtsstaatlechkeet, zu fräie Wahlen, zu gläiche Rechter fir d'Fraen an esou virun. A positiv ass och d'Verflichtung zur Abezéiung, zur Participatioun vun der Société civile, vun einheimeschen ONGen, an d'Entwécklung an den Opbau vun dëse Länner; och wann eng positiv Ëmsetzung dovun nach net iwwerall genuch gelongen ass.

Iwwert d'Noutwendegkeet vun enger Bonne gouvernance kéint een allerdéngs och a munchen europäesche Länner selwer esou munches soen. Mä déi afrikanesch Staten, mat Ausnahm vun e puer Diktaturen, hu jo virun e puer Joer mat der Grënnung vum NEPAD dës Erausfuerderung vun enger gudder Gourvernance a vum Kampf géint Korruptioun a Machtmëssbrauch ëmmerhin an Ugrëff geholl. Si waarden nach just op méi technesch an administrativ Hëllef, fir dat ëmsetzen ze kënnen.

Dann ass et natierlech alles, mä net hëllefräich, wann afrikanesch Staten ëmgekéiert, ënnert dem Zwang vu sougenannte Strukturupassungsprogrammer vum internationale Währungsfong, gezwonge ginn hir staatlech Administratiounen, hir öffentlech Servicer vu Santé, Transport, Energieversuergung, Educatioun an esou virun, do Personal ofzebauen, wéi dat a ville State geschitt ass. Ënnert dem Artikel 47 vum Cotonou-Accord vun 2000 ass d'Flicht vun der Respektéierung vun esou negative Strukturupassungsprogrammer iwwregens verankert. Wat ass ausser dem Begrëff „Duebelmoral" do ubruecht?

Dir Dammen an Dir Hären, op Drock - op positiven Drock, an dësem Fall - vun EU-Ënnerhändler sinn an de Cotonou-Accorden och Bestëmmunge géint Waffenhändler a géint d'Proliferatioun vu Massevernichtungswaffen erakomm; wat een natierlech nëmme ka begréissen, well Afrika aus villen Ursaachen eraus - och aus Aarmutsursaachen, aus ethneschen Ursaachen, aus reliéisen Ursaachen oder aus dem Sträit ëm Rohstoffer - ënner ville militäresche Konflikter leit.

Wichteg wiere wierklech och Mesuren am Kampf géint de Waffenhandel, géint d'Rekrutéierung vu Kannerzaldoten, géint Landminnen an esou virun; obschonns et och do dann awer wichteg wier op d'Zuelen an op d'Ursaache vun dëse Waffen hinzeweisen a se ze ënnerbannen. Déi Quelle leien haut zu engem groussen Deel bei auslännesche Waffenhändler oder Mafiosien.

Da sinn op Incitatioun vun der EU och Antiterrorbestëmmungen an d'Accordë vu Cotonou mat erageholl ginn. Och dat ass sécherlech begréissenswäert, well all Form vun Terrorismus an eisen Aen onmënschlech an ze veruerteelen ass. Esou hunn am September 2001 all verantwortlech Politiker weltwäit op dat vehementstent d'Al-Qaida-Attacken op New York veruerteelt, déi op engem eenzege Septemberdag méi wéi 3.000 Doudeger gefuerdert hunn. Dat ass wierklech Terror an Horror.

Mä, Dir Dammen an Dir Hären, deeselwechten 11. September, deeselwechten eenzegen Dag vum 11. September sinn an Afrika an am Tiers-Monde 24.000 Leit un Honger gestuerwen; iwwer 8.000 Kanner zum Beispill u Banalitéite wéi Duerchfall oder aneren heelbare Krankheeten, virun allem an Afrika! A keen Hunn, kee Statschef huet no dësen Doudegen, déi gradesou Mënsche waren, gekréint! An den 12. September, den 13. September an de 14. September an esou viru waren déi Zuelen ähnlech.

Meng Fro: Ass et just Terrorismus, wat den 11. September an den USA geschitt ass, oder ass et net och eng Form vu strukturelle Gewalt a strukturellem Terrorismus, wann all Dag am Tiers-Monde - och am Cotonou-Beräich - gradesou vill a méi Kanner a Leit ënner Krankheet an Honger stierwen? „Jo" also zu de Prinzipië vun enger Bonne gouvernance, mä dann awer op zwou Säiten; ganz staark „jo" zu der Participatioun vun den ONGen an der Zivilgesellschaft; „jo" zu den Antiproliferatiounsbestëmmungen, a „jo" mat Aschränkungen och zu den Antiterrorbestëmmungen an dësen Accorden, esou wéi ech dat virdrun hei versicht hunn ze erklären.

Haaptproblematesch - a mer wäerte bei der Kooperatiounsdebatt nach eng Kéier méi genau dorop mussen zréckkommen - am Kontext vun deenen neie sechs sougenannte regionalen Accords de partenariat économique an Afrika ass awer déi total Fräihandels- a Liberaliséierungsideologie, déi dësen neie sougenannte Partnerschafte soll zu Gronn leien, an déi haaptsächlech op d'Artikele 34-4, 41, 46 a 47 aus dem 2000er Cotonou-Ofkommes berout. Laut dem éischtgenannten Artikel verléieren d'AKP-Staten - ausser deelweis den absolut äerm-

ste vun hinnen - hir Préférences tarifaires non réciproques, déi se an de Lomé-Verträg haten, an déi elo 2007 auslafen, an un d'OMC-Regelunge vum Fräihandel sollen ugepasst ginn.

Dat ass fir vill AKP-State jiddefalls en ekonomeschen an e soziale Réckschrëtt. Am Cotonou-Vertrag vun 2000, deen och elo soll mat Modifikatioune weidergefouert ginn, war et de Fräihandelsënnerhändler vun der EU ënnert dem Stéchwuert GATS an AGCS och gelongen, esou wéi am Uruguay-Round a bei der OMC, de Prinzip vun der Liberaliséierung vu Service- an Déngschtleeschtungsmarchéen ze verankeren; am Intérêt natierlech vun de groussen europäeschen an amerikaneschen Déngschtleeschtungsmultie vu Waasser-, Energie-, Banken-, Gesondheets- a Pharmabranchen an esou virun.

E Prinzip, géint dee sech net nëmmen d'AKP-Staten, mä d'Tiers-Monde-Staten insgesamt gewiert hunn, a sech bei den OMC-Verhandlunge weider dogéint wieren, well dat natierlech ganz kloer de schrëttweisen Opbau vun eegene Servicecapacitéiten onméiglech mécht. Si géifen op éiweg zu aarmen an zu renge Lieferante vun net verschaffte Rohstoffer an Naturprodukter ginn. Or, wien haut keng eege Veraarbechtungsindustrien, keng eege Servicebetriber, a sief et och nëmmen a Kollaboratioun a grousse Regiounen, kann opbauen - do ass d'Iddi vu méi regionale Partnerschaftskonzepter bei Cotonou net schlecht, déi ass souguer ze begréissen -, dee verpasst all ökonomesch Entwécklungschancen a bleift zréck als éiwegen Almosenempfänger fir Entwécklungshëllef.

Doriwwer eraus hunn déi meescht - dat muss een och do derbäisoen - Liberaliséierungs- a Privatiséierungsprojeten zu Gonschte vun de westleche Multinationalen zënter 1980 dozou gefouert, datt déi bishereg Servicer an deene Länner am Beräich Waasser, Energie, Zuchverkéier an esou virun zu soziale Verschlechterunge fir déi betraffe Bevölkerung gefouert hunn, esou datt et op ville Plazen - net nëmmen a Latäin- a Südamerika - zum Opruff zu neie Renationaliséierunge vun esou Servicer kënnt. Ech verweisen op Argentinien, ech verweisen op Bolivien an esou virun. Trotz deenen negativen Erfahrungen, déi och vun der Weltbank an engem rezente Rapport confirméiert gi sinn, gëllt ëmmer nach déiselwecht neoliberal Liberaliséierungs- a Privatiséierungsideologie, déi also hei soll virugefouert ginn.

Wat huet dat, wann een e realistesche Bilan vu bal 40 Joer internationaler Entwécklungshëllef mécht - well dat ass jo ugaang ufanks de 70er Joren -, den aarme Länner am Tiers-Monde, virun allem an Afrika, dann haut global gesi wierklech bruecht? Ofgesinn dovunner, datt ufanks de 70er Joren héich an helleg e Versprieche vun 0,7% vum PIB gemaach gouf; e Versprieche vun deem déi meescht räich Industriestaten aus Europa an den USA haut nach meilewäit ewech sinn. Ofgesinn och dovunner, datt vun den Entwécklungsgelder normalerweis am Duerchschnëtt tëschent 40 a 60% iwwer Opträg un europäesch Firmen erëm eng Kéier zréckfléissen. Ofgesinn dovunner weist en nüchterne Bilan, datt déi Entwécklungshëllef insgesamt deenen aarme Länner net ganz vill vun der Plaz gehollef huet.

Dat hänkt awer net gréisstendeels um Prinzip vun der Entwécklungshëllef an un der Entwécklungshëllef selwer, mä et hänkt dorunner, datt et eng Rei vu vill méi schwéiergewiichtegen, aneren negative Facteure gëtt, déi vill Entwécklungsefforten op där anerer Säit erëm zerstéieren.

Hei e puer vun deene Facteure just, op déi ech wéi gesot bei der Kooperatiounsdebatt nach eng Kéier wäert zréckkommen, an déi an totaler Inkohärenz stinn, am totale Widdersproch sti mat deem, wat mer Entwécklungshëllef nennen - a Stéchwierder just:

Éischtens, ech hat jo geschwat vun deene gebrachene Versprieche vun 0,7% selwer;

zweetens, de Passé colonial mat all senge strukturelle Konsequenzen;

drëttens, de wäitgehende Präisverfall fir d'Produkter aus dem Tiers-Monde op de westlech dominéierte Bourssë vu London a vun New York an deene leschten 20 Joer. Beispiller gëtt et genuch, souwuel fir Rohstoffer wéi fir Agrarprodukter - wann een emol vum Pëtrol ofgesäit.

Véiertens, d'Agrarexportsubventiounen an d'Agrardumpingpräisser vun der EU, vun den USA an och vun aneren, déi d'Produktioun an d'Vente vu villen Agrar- an Naturprodukten, ob Kotteng, Fleesch, Mëllech, ob Textil an esou virun an den AKP-Länner selwer, mä och op d'Nopeschmarchéen onméiglech maachen an déi déi lokal Produktioune ruinéieren, mat de Konsequenzen Aarbechtslosegkeet, Honger a Landflucht.

Fënneftens, de Poids vun der Dette, vun enger ongerechter Verscholdung, wou den Zënsendéngscht vun där Dette ëmmer méi grouss Proportioune vum Statsbudget vun deenen aarme Länner ausmécht, a wou an net wéinege Fäll dëse Scholdendéngscht un déi multinational Banke vill méi ausmécht, wéi déi gesamt Entwécklungshëllef, déi déi State kréien.

Net nëmmen d'Tiers-Mondes-Länner selwer, och d'ONGe weltwäit a souguer eenzel Statsleit fuerderen an deene leschte Joren duerfir d'Annulatioun oder zumindest eng wäitgehend Reduktioun vun deenen Detten, fir iergendwéi deene Länner ze erlaben en Neiufank ze starten. Mä leider huet sech bis haut, trotz alle ville schéine Rieden an Deklaratiounen, dorunner ganz wéineg geännert.

Sechstens, d'Liberaliséierungskonsequenzen am Tiers-Monde, vun deenen ech virdru scho geschwat hunn. Just zwou Zuelen an Zitater aus dem Rapport „Global economic Outlook 2000" vun der Weltbank - d'Weltbank, déi jo net ka verdächtegt sinn, iergendwéi ONG, Attac oder gréng oder iergendeppes ze sinn.

Op Lëtzebuergesch iwwersat aus dem Engleschen:

Éischtens, d'Zuel vun de Leit weltwäit, déi mat manner wéi zwee Dollar den Dag musse liewen, ass zënter 1980 bal ëm 50% geklommen. An, seet d'Weltbank, dat war déi Zäit, zënter där am stäerkste liberaliséiert ginn ass.

An zweetens, aus engem Rapport vun der UNO vun 1999: An 59 Länner wier d'Duerchschnëttsakommes 1999 méi niddreg gewiescht wéi 1980. D'Schéier tëschent Räich an Aarm geet vu Joer zu Joer ëmmer méi auserneen. An trotzdeem soll och laut Cotonous-Accordë weider liberaliséiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, op de siwente Punkt, nämlech d'Noutwendegkeet an de Cotonou-Accorden, fir d'Politik vum internationale Währungsprogramm ze respektéieren, obschonn dës Programmer eng total Faillite sinn, wëll ech hei net méi agoen. Ech hat virdru schonn dorobber higewisen.

D'APEen an dëse Verträg, dat heescht, déi nei regional Accorden, Accords de partenariat économique, déi elo négociéiert an erstallt solle ginn, stellen déi europäesch Ënnerhändler, ob et den Här Mandelson ass oder den Här Louis Michel, jiddefalls virun d'Fro, wat mat dësen APEe soll geschéien, wann se nach op sinn.

Solle wierklech éierlech Entwécklungspartnerschaften entstoen? Oder bleift et beim „business as usual", woubäi dat Wuert Business an dësem Fall hei senger reng kommerzieller Bedeitung géif entspriechen?

Mir fäerten op jiddfer Fall als Gréng, dass den Entwécklungs- a Kooperatiounskommissär Louis Michel do net vill wäert ze soe kréie par rapport zum Fräihandelskommissär Mandelson, dee knallhaart just d'Intérêtë vun den europäeschen Export- a Serviceindustrië vertrëtt. Mir sinn do méi wéi skeptesch a mir wäerten eis duerfir och beim Vote enthalen.

Zum Schluss, Dir Dammen an Dir Hären, nach just eng kuerz Zousazbemierkung zum Développement durable a virun allem zum Klimawandel, wou et jo elo scho kloer ze si schéngt, datt grad och nach déi Äermste vun deenen Aarmen am Süddeel vun eisem Planéit am meeschte wäerten dorënner ze leide kréien: ënner Katastrophen, ënner Iwwerschwemmungen, Hëtzekatastrophen an dem Verdréchne vu ganze Regioune bis erop an de Mëttelmierraum.

Ech woe mer net virzestellen, wann de Klimawandel ëmmer méi antrëtt an deenen nächste Jorzéngten, wat fir Biller mer dann un de Grenzen an un de Stacheldréit vun der Festung Europa wäerten ze gesi kréien a wat da wäert geschéien.

Déi räich State sinn an eisen Aen op jidde Fall gefuerdert hiren Egoismus, hiren onekologesche Konsumwahn an hir Après-nous-le-déluge-Mentalitéit ze iwwerdenken. Endlech ze iwwerdenken!

Mat dëser Modifikatioun - domadder kommen ech zum Schluss - vun dëse Cotonou-Accordë gëtt dat an eisen Ae leider net geleescht, mä bei der Kooperatiounsdebatt wäerte mer dann nach eng Kéier Geleeënheet kréien, op all déi dote Saache méi genau a méi am Detail a mat vill méi Zuelen zréckzekommen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Huss. Den nächste Riedner ass den Här Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Merci, Här President. Den Accord vu Cotonou vum Joer 2000 tëschent der Europäescher Unioun an den AKP-Staten huet eng Dauer vun 20 Joer an e gëtt all fënnef Joer revidéiert. A mer si frou an houfreg doriwwer, datt déi lescht Revisioun hei zu Lëtzebuerg konnt ënnerschriwwe ginn.

De Partenariat tëschent deem räichen Europa an deene méi aarmen AKP-Länner huet fënnef Dimensiounen: eng politesch Dimensioun, d'Zesummenaarbecht mat den ONGen notamment, de Kampf géint d'Aarmut, d'wirtschaftlech Zesummenaarbecht an och déi finanziell Zesummenaarbecht.

Wann ee vun der politescher Dimensioun schwätzt, dann ass et evident, datt een ënner anerem un d'Bonne gouvernance denkt, un d'Mënscherechter. An et gesäit een, datt et wichteg ass, datt mer esou eng Konditioun mat dragesat hunn, well et drëm geet, fir verschiddenen Abusën, déi mer an der Vergaangenheet kannt hunn, entgéintzewierken, a fir och ganz kloer ze soen, datt mer ons distanzéiere vun deene Länner, wou d'Mënscherechter net respektéiert ginn.

Mä et misst awer och heeschen, Här Minister, datt et noutwendeg ass, datt mer och hei an Europa verschidde Konsequenzen doraus zéien, wann op eng Kéier d'Bonne gouvernance hei an Europa net richteg klappt.

Ech wëll nuren ee Beispill huelen, dat ass dat, wat an der Côte d'Ivoire geschitt ass, wouhinner e Londoner Armateur säi Schëff geholl huet. Hie sollt dat zu Rotterdam dépolluéiere loossen. Well dat fënnef Milliounen Euro kascht huet, huet hie gesot, hie géing dat net maachen. An hien huet dunn d'Schëff an d'Côte d'Ivoire gescheckt, do huet hien et fir ganz bëlleg Suen dann dépolluéiert kritt, mat deem Resultat, datt eng ganz Regioun polluéiert ginn ass an datt iwwer zéng Leit dohanne gestuerwe sinn, ouni vun deenen ze schwätzen, déi schwéier Gesondheetsschied dovugedroen hunn.

Ech sinn awer elo frou ze héieren, datt d'Geriichter reagéiert hunn an datt haut déi Firma zu 132 Milliounen Euro Dommages et intérêts condamnéiert ginn ass.

Ech mengen, et geet do dorëm, datt mer och dofir suergen, datt iwwerall, wou mer Gesetzer hunn, wou mer d'Méiglechkeeten hunn, iwwer Direktive beschlossfäeg ze ginn, wou mer aktiv solle ginn, datt mer do solle ganz staark dogéint kämpfen, datt Afrika ugesi gëtt wéi den Dépotoir vun all méigleche Saachen, mat deene mer hei net wëlles hunn eppes ze maachen an déi mer ons dann do bëlleg kënnen entsuerge loossen.

Deen anere Punkt, dee wichteg ass, dat ass, datt een och kuckt, datt Europa wëlles huet seng Entwécklungshëllef ze steigeren, an dat am Kader vun den „Millennium Development Goals", vun 33 Milliarden Euro am Joer 2003 op 84 Milliarden Euro am Joer 2015. Ech mengen, dat ass e gutt Zil, a Lëtzebuerg huet jo am Prozentsaz do nach méi wëlles.

Och do wollt ech soen, datt mir als ADR bien entendu hannerun där Politik vun der viregter Regierung an och vun dëser Regierung stinn.

Nach stellt sech awer an deem Kontext e klenge Problem, deen ech hei évoquéiere wollt, dat ass de Fonctionnement vum Fonds européen de Développement. Do ass elo, wa meng Informatioune richteg sinn, fir déi nächst sechs Joer e Betrag vun 22,7 Milliounen Euro virgesinn, deen deem Fong soll zoukommen. Mä et muss een awer och feststellen, datt an deem Fong elo eng 11 Milliarden Euro op der héijer Kant sinn - dat si wéinstens déi Donnéeën, déi ech hei an enger Resolutioun vum Europaparlament gesinn hunn. Dat ass eng Resolutioun hei (2006) 0112, an där d'Regierungen opgefuerdert ginn, ze kucken, ob net dee Fong sollt reforméiert ginn, fir méi effikass ze ginn a fir datt déi Suen och dohinner kommen, woufir se am Prinzip geduecht sinn.

Ech wollt duerfir froen, ob d'Regierung iwwert déi Problematik Bescheed weess an ob se och gedenkt déi eng oder déi aner Iddi schonn um Niveau vun de Reforme vläicht virzegesinn.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Dann ass et och evident, datt dee ganzen Accord vu Cotonou, deen noutwendeg ass, awer och ganz oft an deem ganze Welthandel, dee mer kennen, heiansdo awer och e bësselchen do wéi een Exot wierkt. Woufir? Well verschidde Länner déiselwecht Wäerter, déi mir wichteg fannen, net respektéieren. Dat ass China. Dat ass Amerika, déi net hésitéieren, fir mat Dumpingspräisser a mat Agrarwueren, déi se an déi Länner exportéieren, déi lokal Agrarwirtschaft futti ze maachen a staark ze konkurrenzéieren op jiddfer Fall. Dofir erwaarde mer ons ganz vill, datt am Kader vun der Doha-Ronn eng Léisung fonnt gëtt an datt déi Abusën, déi mer elo festgestallt hunn, zu engem Enn kommen.

Am Sudan hu mer och eng Situatioun, déi mech ëmmer schockéiert, well een op där enger Säit am Sudan een Deel vum Land huet ëm Khartoum, wat eng wonnerbar Entwécklung kennt, deen en Développement kennt, dee relativ staark ass; an op där anerer Säit gesäit een awer och dat, wat am Darfur geschitt, wou ganz staark Bedenke sinn a wou ech hoffen, datt et do endlech zu Fridde ka kommen.

Nach wie vor stellt sech awer och nach fir ganz Afrika en demographesche Problem. D'Leit, déi do op d'Welt kommen, déi Zuel steigt vill méi wéi hire PIB. Do muss ee kucken, wéi ee kéint do hëllefen. Ech weess selwer kee Rot dobäi. Mä et ass kloer, datt déi demographesch Situatioun ee vun de Problemer wäert duerstellen.

Dat explizéiert och, firwat déi illegal Immigratioun ëmmer méi zouhëlt: Well d'Leit an hirem Land keng Existenze méi hunn; ganz oft net wëssen, wat se solle maachen, wou se solle schaffe goen, fir hir Famill a fir sech selwer och ze ernieren.

Wann ee géint illegal Immigratioun wëllt virgoen, ass déi beschte Waff, dat bescht Argument d'Entwécklungshëllef, andeems een deene Länner hëlleft, déi an Nout sinn, aus der Aarmut erauszekommen an deen Ablack de Leit och sur place déi néideg Aarbechtsgeleeënheeten unzebidden.

Dat gesot, wëll ech dem Rapporteur sengem Opruff nokommen an den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet an zu dësem Accord vu Cotonou brëngen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Ee Moment nach, Här Minister Schiltz, den Här Jaerling huet d'Wuert nach gefrot.

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Merci, Här President. Wa mer hei am Zesummenhang mat sougenannten ënnerentwéckelte Länner vun Aarm a Räich schwätzen, vu wat fir enger Aarmut a vu wat fir engem Räichtum schwätze mer?

Mir schwätze vun de räichen europäesche Länner, räich un Technologie, räich u Wëssen, räich un Infrastrukturen a räich u Wirtschaft. Mir schwätze vun deenen aarmen afrikanesche Länner, wou mer elo hei schwätzen. Déi hunn awer och e gewëssene Räichtum, well déi hu jo awer dee Räichtum, deen eis feelt an deen eis am Fong elo an nach aner Länner interesséiert; dat ass dee Räichtum vun hire Rohstoffer, déi eis elo interesséieren, aus deenen Ursaachen, wou mer haaptsächlech eis elo och méi fir déi Länner interesséieren, och wa mer et ënnert dem Deckmantel heiansdo vun der Entwécklungshëllef a vun den Handlungsbezéiunge maachen.

Mir schwätze vun Aarmutsbekämpfung. Mä Aarmut bekämpfen, dat mécht een net mat enger Philosophie, mä do muss een, genau wéi den Här Goerens dat hei gesot huet, pragmatesch virgoen. An ech kann em nëmme Recht ginn, wann e seet, et muss ee ganz oft esquivéieren, fir awer e Schrëtt no vir ze kommen, besonnesch wann een d'Strukturen, wann een d'Geschicht an d'Mentalitéit an deenen afrikanesche Länner kennt, déi jo och nach zu engem groussen Deel mat deem Kolonialismus verbonnen ass, wou Europa jo och mat e groussen Deel Schold drun huet.

Ech mengen, do muss ee pragmatesch virgoen an do muss ee Schrëtt fir Schrëtt virgoen. An do geet et elo net fir esou ze maachen, wéi wann elo hei iergendwéi e Klassenkampf zwëschent Aarm a Räich géif stattfannen. Mä hei geet et drëm, fir eng équitabel Partnerschaft ze sichen.

An do stellen ech mer effektiv d'Fro, ob dat mat all deenen Accorden, déi begréissenswäert sinn, well se e Schrëtt no vir brëngen, mä ob all déi Équitéit do, déi hei virgegaukelt gëtt, dann och effektiv awer am Endeffekt gewollt ass oder ob net aner Ursaachen do sinn: Wéi zum Beispill China an Indien, déi an Afrika investéieren, mä awer wierklech aus Eegebedarf, fir haaptsächlech hir

eege Versuergung ze garantéieren a fir sech do gutt Frënn mat deene Länner ze maachen. A besonnesch awer mat deene Länner, wou de Räichtum - well mer schwätze jo vu Räichtum an Aarmut - vun deene Länner an den Hänn vun e puer Famillje läit, mat deenen se nëmme brauchen ze verhandelen, fir sech do kënnen d'Täsche voll ze stiechen.

An dofir ass d'Diskussioun vun der Aarmut, a verschiddene Länner vun Afrika, eng Diskussioun iwwert d'Verdeelung vum Räichtum intern an deene Länner selwer. Well eben de Räichtum, wéi gesot, an den Hänn vun e puer Leit läit, déi einfach och net bereet sinn dee Räichtum hierzeginn, a mat deenen et och méi einfach ze verhandelen ass, wéi mat demokratesche Strukturen, wéi mat demokratesche Staten, déi mer jo awer wëllen an deene Länner do opbauen.

An dofir - soen ech elo emol hei ganz kloer - geet et net duer, dass een, zum Beispill wéi am Kongo, en diktatoresche President elo demokratesche President nennt. Dat geet net duer. Ech mengen, et muss een déi sämtlech Strukturen, et muss een d'Mentalitéit änneren an et muss een och derfir suergen, dass mer déi Rechtsstaatlechkeet, déi mer gären an deene Länner hätten, och mat deene Länner, mat deene Leit zesumme maachen. An dat ass net de Fall.

Wichteg ass trotzdeem all Accord, dee fonnt gëtt. Wichteg sinn och zum Beispill déi kleng Initiative wéi Mikrofinanzementer, déi awer um Terrain direkt de Leit eppes bréngen.

Wichteg sinn och aner kleng Projeten, déi eis weiderbréngen.

Mä dat, wat hei elo mat deem Accord versicht gëtt, déi Handlungsbezéiungen, déi do sollen opgebaut a versicht gi mat deene Länner, do soen ech awer ganz kloer: Do muss awer ganz gutt opgepasst ginn, dass déi net unilateral stattfannen an dass net nëmmen am Hannergedanken déi Handelsbezéiungen opgebaut ginn, nëmme fir un d'Eegeversuergung ze denken an een dann net - och wéi China an Indien dat an Afrika maachen - geziilt op déi demokratesch Entwécklung vun de Strukturen higeet.

Dofir soen ech: Et kann een den Accord ginn. Et kann ee säin Averständnis ginn zu dësem Accord, mä awer da mat Bedenken, well ee ganz genau d'Hannergedanke kennt vun esou Accorden, wou nëmme jiddfereen emol un alleréischter Stell u seng Eegeversuergung denkt an da spéider eréischt un déi Länner, déi et betrëfft. An dofir soll ee ganz virsiichteg sinn an och an Zukunft dat awer am A behalen.

Fir mech geet et haaptsächlech drëm mat deene Länner zesummen ze kucken, emol éischtens, et geet ëm d'Rechtsstaatlechkeet, et geet awer och ëm déi intern Verdeelung vun de Räichtümer an ze versichen, dass déi Räichtümer iwwer demokratesch Strukture verdeelt ginn.

Och an deem Kompromiss hei an an deenen Accorden, déi virdru waren, wat elo d'Entwécklungshëllef ugeet, ass et wichteg, dass Bedingunge gestallt ginn. Mä d'Entwécklungshëllef duerf awer net an de Mëttelpunkt gestallt ginn.

Well d'Entwécklungshëllef ass am Fong nëmmen en Aspekt fir de Leit ze hëllefen sech selwer ze hëllefen. An dat ass dat, wat zielt, wat muss opgebaut ginn. An dat ass och dat, wat muss weidergedriwwen an ausgebaut ginn, fir dass déi Leit sech och kënnen an hirem eegene Land, an hirer eegener Regioun entwéckelen, an dann och do eng Aart Liewensqualitéit opbauen, fir datt se ebe bei sech doheem bleiwen; datt se an hirem eegene Land dann och kënne versichen ze iwwerliewen an trotzdeem e bësse Liewensqualitéit ze kréien.

An deem ganzen Accord hei gesäit een de gudde Wëllen, mä et gesäit een awer och verschidden Hannergedanken, an dat mécht mer Suergen. Ech wäert zwar deen Accord hei stëmmen, wéinst engem klenge Schrëtt no vir, mä awer trotzdeem mat grousse Bedenken.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo d'Regierung, den Här Kooperatiounsminister Jean-Louis Schiltz.

M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir erlaabt mer unzefänken, andeems ech dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport an alle Virriedner och fir déi vill a villschichteg Suggestiounen, Propositiounen an Iddien. Ech gesinn doranner d'Confirmatioun, datt d'Kooperatiounsdebatt eppes ass, wat hei zu Lëtzebuerg op eng lieweg Manéier geféiert gëtt. Jiddfereen dréit säi Bäitrag dozou bäi. Wat wichteg ass, mengen ech, ass, datt mer, wat d'Grondlinne sinn, um selwechte Strang zéien. An dat ass nach wie vor de Fall. An och dat fannen ech eng gutt Saach.

Well virgesinn ass, datt mer an deenen nächste Méint d'Kooperatiounsdebatt als solch hu sollen - ech ginn dovun aus, datt dat am Abrëll de Fall ass -, erlaabt Der mir dofir och vläicht, fir net grad am allerleschten Detail op all déi Froen a Suggestiounen anzegoen, déi gemaach gi sinn. Dat géif am Iwwregen den Zäitkader, dee mer hei zougestane ginn ass an dee mer zousteet, largement sprengen.

Zum Accord de Cotonou wëll ech vläicht soen, datt et wichteg ass emol an Erënnerung ze ruffen, datt d'Haaptobjektiv vun deem reviséierten Accord dat nämlecht ass wéi vun deem Basisaccord, nämlech d'Éradicatioun vun der Aarmut. Wat nei ass, dat ass, datt d'Objectifs du Millénaire als solch an den Accord verankert ginn. Dat ass och normal, well d'Objectifs du Millénaire hunn als solch deemools, wou deen éischten Accord ënnerschriwwe ginn ass, kaum respektiv guer net bestanen. Dat Ganzt ass am nämlechte Joer, nämlech am Joer 2000, geschitt.

Ech wëll och derbäifügen, datt d'Joer 2000 a mengen Aen e Broch an der Entwécklungspolitik duergestallt huet. A wann ech soen e Broch, da wëll ech ausdrécklech drop hiweisen, datt ech vun engem Broch am positive Sënn schwätzen. Well et ass dat Joer, wou d'international Communautéit sech ënnert dem Impuls vum Kofi Annan zesummegerappt huet, fir déi Objectifs du Millénaire ze definéieren, wou ech just wëll an Erënnerung ruffen, datt et bei deen éischten drëm geet, fir d'Aarmut bis 2015 ëm d'Halschent ze reduzéieren.

Den Här Goerens huet mat Recht gesot, datt eng ganz Rei afrikanesch Länner dat net wäerte fäerdeg bréngen. Op där anerer Säit kann een och soen, datt dat Objektiv, wat deemools gestallt war, wou mer haut gesinn, datt et schwéier ze erreechen ass, vläicht och net ambitiéis genuch war. Dat richtegt an ultimet Objektiv misst d'Éradicatioun vun der Aarmut sinn a bleiwen.

Et ass mer awer och wichteg drop hinzeweisen, datt bei deenen Objectifs du Millénaire dat aacht Objektiv, nämlech dat vum Partenariat tëschent dem Norden an dem Süden, oft a Vergiessenheet geréit. An ech mengen, et ass op dat, wou mer kënnen opbauen, an et ass och do, wou den Accord de Cotonou de Wee weist.

Den Accord de Cotonou operéiert elo net d'Revolutioun, andeem en déi Revisioun do vollzitt, mä en erlaabt awer d'Qualitéit an d'Effikassitéit vum Partenariat ze verfestegen. Et gëtt eng Rei politesch Komponenten am Accord. Et gëtt eng Rei finanziell Komponenten am Accord. An dat Ganzt steet ënnert dem Motto vum Partenariat tëschent dem Süden an dem Norden.

Ech wëll an Erënnerung ruffen, datt et eng schwiereg Diskussioun deemools war. Schwiereg Diskussioun an deem Sënn, datt mer d'Diskussioun hu missen zu Enn bréngen an engem Kontext, wou d'Perspectives financières vun der Europäescher Unioun net geregelt waren, esou datt mer net à même waren, den ACP-Staten eng Zuel ze proposéieren.

Mir hunn - an dat war d'Lëtzebuerger Présidence, an ech wëll do ausdrécklech déi Méritë vun deenen Diplomaten, déi dat deemools gemaach hunn, hei eng Kéier ervirhiewen - et fäerdeg bruecht mat der Kommissioun zesummen, mat mir selwer zesummen, eng Formel auszeschaffen, wat zwar keng Zuel ass, well mer dat net konnte wéinst de Perspectives financières, mä awer e Langage chiffré, dee jiddferengem et erlaabt huet, dee liesen, rechnen a schreiwe kann, op d'Zuel ze kommen, nämlech de Montant vun 22,7 Milliarden, deen elo dobäi erauskomm ass. Dat ass dee Montant vum néngte FED, plus d'Inflatioun, plus d'Croissance, plus den Élargissement um Niveau vun der Europäescher Unioun.

Mir hunn et also fäerdeg bruecht am Februar, dee Montant, deen den ACP-Staten zousteet an där neier Period, op eng gewësse Mooss ze sanctuariséieren, obwuel mer eis Hausaufgaben, eis Cuisine interne an der Europäescher Unioun net gemaach haten.

Déi ganz Négociatiounen, wëll ech och vläicht soen, an de Fait, datt mer och séier ënnerschriwwen hunn, hunn d'Klima tëschent den ACP-Länner an der Europäescher Unioun an deem Joer drop och nach geprägt an hunn och dozou gefouert, datt mer dat Klima verbessert kritt hunn. Ech weess net, ob mer haut kënne soen, datt alles, wat säitdeem geschitt ass, och an déi nämlecht Richtung gaangen ass. Ech loossen dat emol esou als Observatioun, wann Der erlaabt, Här President, am Raum stoen.

Dat Zweet, dat sinn déi politesch Komponenten. Do wësst Der, datt déi politesch Mechanisme verfeinert gi sinn; an den Här Henckes huet vun der Côte d'Ivoire geschwat. Ech kann lech en anert Beispill ginn, dat ass dat vun der Guinée-Conakry, déi jorelaang an där Prozedur waren, wou, wann d'Parametere vun der Gouvernance net méi stëmmen, mer a politesch Consultatioune ginn, wou och kënnen d'Entwécklungsgelder suspendéiert respektiv gestoppt ginn, wat am Fall vun der Guinée-Conakry och geschitt ass. An dee Moment wou um Schluss vum leschte Joer oder am Ufank vun dësem Joer d'Saache sech zum Bessere gewannt hunn, ass déi Kooperatioun erëm ënnert dem Impuls vun der Kommissioun opgeholl ginn. Wou mer haut sinn, dat wësst Der alleguer, nämlech datt säitdeem d'Saache sech erëm verschlechtert hunn, an dann net méi spéit wéi gëschter oder virgëschter de President e ganzen Deel vun de Pouvoiren an d'Hänn vun der Arméi geluecht huet, wat sécherlech keng positiv Entwécklung ass. Mä ech denken, datt d'Situatioun an deem Land hilänglech hei bekannt ass, well et och e Land ass, wat zwar keen Zilland ass, mä e Land, mat deem mer emol a fréiere Jore kooperéiert hunn. D'Evolutioun do ass net positiv a muss sech zum Bessere wennen. Ech hunn dat Beispill hei gebraucht, fir déi Mechanisme vum Accord de Cotonou eng Kéier ze illustréieren.

De Kampf géint d'Massevernichtungswaffen, Armes de destruction massive, ass och en zentraalt Element vum Accord, well wann déi Dispositiounen net respektéiert ginn, kann dee Mechanismus déclenchéiert gi vun de Consultatiounen um politeschen Niveau a vun der Suspensioun vun der Hëllef.

Een anert Element, wat, mengen ech, den Här Angel ervirgehuewen huet, dat ass d'Aschreiwe vun der Cour pénale internationale an deen Accord, am Sënn, datt et keng Impunitéit ka ginn, wat d'Crimes contre l'humanité ubelaangt. Selbstverständlech war dat eng komplizéiert Fro. Duerfir ass déi Formel, déi do gebraucht ginn ass, vläicht och e bësse méi schwaach, wéi deen een oder anere sech dat gewënscht hätt. Mä wat mir wichteg ass, dat ass, datt mer eng kloer Ausso an deem Accord maachen, datt et keng Impunitéit ka ginn, wat d'Crimes contre l'humanité ubelaangt.

Drëtt politescht Element nieft dem Kampf géint d'Massevernichtungswaffen, dem Tribunal pénal international: De Kampf géint den Terrorismus gëtt och e gemeinsaamt Objektiv vun den ACP-Staten an der Europäescher Unioun. Ech wëll och ausdrécklech drop hiweisen, datt den Akzent gesat gëtt op d'demokratesch Prinzipien an op de politeschen Dialog. Et ass also en Accord wat en Entwécklungsaccord ass. Mä et ass och en Accord wat en Accord ass, deen de politeschen Dialog an all déi Komponenten, déi der Europäescher Unioun zu Recht um Häerz leien, beinhalt, a wou mer probéiert hunn, plutôt als wéi ongesond Konditionalitéiten ze kreéieren, op intelligent Manéieren dozou ze kommen, datt durabel Améliorationne géife stattfannen an deene verschiddene Länner, wat d'Gouvernance ubelaangt.

Den Här Goerens huet déi Tranche incitative gouvernance zitéiert, wou een Deel vun deene Gelder, déi am zéngte FED sinn, reservéiert si fir Länner, déi prezis a spezifesch Progrësë maachen, wat d'Gouvernance ubelaangt.

Alles an allem wollt ech soen, datt ech der Iwwerzeegung sinn, datt et e gudden Accord ass. Lëtzebuerg ass dat siwent Land, wat den Accord ratifizéiert; wat och eng gutt Saach ass.

Zu deene Punkten, déi am Rapport soulevéiert gi sinn, wollt ech soen, datt et selbstverständlech ass, datt all déi Froen, déi mam Environnement ze dinn hunn, och hei mat an d'Gewiicht falen, datt ech awer wëll drop hiweisen, datt, genau wéi déi wirtschaftlech Komponent sech am Doha-Accord erëmfënnt, zu engem groussen Deel mer och hei déi Environnementskomponent am Kyoto-Accord erëmfannen an et net drëm gaangen ass, fir hei nach eng Kéier dat nei ze maachen, wat am Kader vu Kyoto gemaach ginn ass. Mä et ass drëm gaangen deene spezifesche Problemer vun Inselen, déi spezifesch engem Risque écologique exposéiert sinn, Rechnung ze droen.

Mä et ass evident a selbstverständlech, datt dat eent an dat anert zesummeginn. An et sinn och eng Rei europäesch Länner, déi massiv Effortë maachen, och wat den Environnement ubelaangt. Ech denken do ënner anerem un Holland. An ech mengen, dat ass och e gudde Wee, wéi mer an der Zukunft méi effikass kënne schaffen.

Et ass net gutt, datt all Land alles mécht an allen Domänen. Mir, mengen ech, sinn net allze schlecht am Domän vun der Educatioun an der Formation professionnelle, am Domän vum Waasser a vun dem Assainissement, wat jo och direkt eppes mat Environnement ze dinn huet, am Domän vun der Santé. An ech mengen, mir sollen eis dorobber konzentréieren an eis staarkmaachen, datt mer op méi eng grouss Division du travail mat deenen anere kommen, datt mer méi effikass kënne ginn.

Ech sinn och frou, datt eng ganz Rei vun lech hei Doha évoquéiert hunn. Fir mech ass et kloer, datt den Développement an d'Kooperatioun am klassesche Sënn vum Wuert eleng zwar eppes sinn, wat mer brauchen, fir datt mer d'Entwécklung kënnen zum Positiven hiwenden, mä datt dat eleng net duergeet. Mir brauchen eng Rei aner Saachen.

An dem Här Huss wëll ech soen, datt ech selbstverständlech weess, datt déi Zuel vun 0,7 fir d'éischt an de 70er Joren ofgemaach ginn ass, mä no deem Broch vum Joer 2000, deen d'Entwécklungspolitik a mengen Aen entscheedend zum Gudde gewannt huet, ass et dach awer esou, datt mer entre-temps fënnef Länner: Dänemark, Schweden, Holland, Lëtzebuerg an Norwegen hunn, déi iwwer 0,7 sinn. An ech wëll awer och vläicht ëmmer erëm drop verweisen, datt ënner Lëtzebuerger Présidence déi aner sech och all engagéiert hu mat engem Datum endlech emol verbindlech op 0,7 ze goen. Duerfir soll een och an deem Sënn heiansdo dat Positiivt gesinn.

(Interruption)

Datt et esou laang gedauert huet, Här Huss, bedaueren ech selbstverständlech och. Et weist och, datt dee Broch am Joer 2000 néideg war. Ech kann lech op jidde Fall versécheren, datt soulaang wéi ech wäert do sinn, ech millimetergenau wäert kucken, datt deen Accord do agehale gëtt. Ech mengen, dat ass hinlänglech dobausse bekannt; net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä och an Europa.

Ech hunn et gesot, d'Entwécklungspolitik ass eng Condition nécessaire. Si geet eleng net duer. Et mussen och Progrësë gemaach ginn, wat den internationale Commerce ubelaangt. Ech wëll lech vläicht soen, datt Hongkong eis jo keng Satisfaktioun ginn huet. Ech ka mech erënneren, den Här Adam war och do, an ech weess net, ob hien dat nämlecht dueno gesot huet wéi Dir, Här Huss, mä ech denken, datt mer eis awer deemools eens waren, datt mer net ganz zefridden erëmkomm sinn.

Wat een awer trotz allem muss soen, dat ass, datt am Hongkong-Pak eng Rei Saachen dra waren. Am Hongkong-Pak war nämlech dran, datt d'Subventions à l'exportation sollten 2012-2015 géint null geféiert ginn. Am Hongkong-Pak war dran, datt d'Subventiounen, wat de Kotteng ubelaangt, bis Schluss 2007 géint null géife geféiert ginn; wat e wichtege Punkt ass fir eng Rei vun eise Partnerlänner: Beispill Burkina Faso, Beispill Mali. Am Hongkong-Pak war och dran, datt déi Länner aus dem Norden hir Mäert géife quasi ganz opmaachen, an déi Länner aus dem Süden dat géife progressiv maache mat engem speziellen an differenzéierte Regime fir déi Länner, déi déi gréisste Schwieregkeeten hätten.

Nun ass et awer esou, datt dat, wat mer deemools als en hallwen Échec considéréiert hunn, a wou mer eigentlech net zefridde waren, entre-temps awer erëm en plus a Fro gestallt ass. Dat heescht, dat bëssen, wat deemools erreecht ginn ass, ass elo net méi do. Ech denken, datt net ënner Beweis ze stellen ass, datt Lëtzebuerg sech staark mécht, datt dat Doha awer soll eng richteg Entwécklungsronn ginn. Dat hunn déi gemaach, déi deemools zu Doha waren. Dat hu mer säitdeem och ëmmer gemaach.

Da vläicht ee Wuert zu den Accords de partenariat économique, well ech bei de wirtschaftlechen Aspekter sinn. D'Basisdispositiounen, wat d'Accords de partenariat économique ubelaangt, déi fannt Der an der Originalversioun vum Accord de Cotonou schonn erëm. Dat heescht, an deem Sënn ass an där Revisioun näischt grondleeënd Neies dran. Ech wëll dat soe par rapport zu der Begrënnung vun der Abstentioun hei mat den Accords de partenariat économique, déi ech net konnt novollzéien.

(Interruption)

Duerfir wollt ech dat vläicht eng Kéier soen.

Et ass erwisen, datt mer, wa mer wëlle vun där Assistanat-Schinn erofkommen, a wa mer wëllen alles maachen - an dat wëlle mer jo -, fir datt deen Assistanat sech net pérenniséiert, mer Entwécklungspolitik brauchen, Entwécklungshëllef brauchen an och Regelen am Kader vum Commerce. Mä Regelen am Kader vum Commerce, déi esou sinn, datt d'Entwécklungslänner net de Kopplabunz schloen, mä datt se kënne vun deenen Ouverturë profitéieren. Duerfir hunn ech och an enger ganzer Rei Gespréicher mat afrikanesche Statschefen, Ministeren, Ambassadeuren an anere Vertrieder déi Froen all duerchdiskutéiert, wat d'Accords de partenariat économique ubelaangt.

Ech denken och, datt de Fait, datt Lëtzebuerg sech deemools staarkgemaach huet fir d'Revisioun vum Cotonou-Accord, an och also als ee vun deenen direkte Pappe vun deene reviséierten Accords ka considéréiert ginn, dozou bäigedroen huet, datt mer och konnten hei e Wuert matschwätzen. An et ass bekannt, datt ech mech de 5. Januar 2007 och an engem Bréif un de Louis Michel gewannt hunn, fir drop opmierksam ze maachen, datt déi Entwécklungskomponent endlech am Kader vun deenen Diskussioune misst zum Droe kommen.

Well et ass evident, datt déi Ouverturen, déi d'Abettung an den internationale Commerce verlaangt, asymmetresch musse sinn. Dat heescht, asymmetresch, wat d'Produiten ubelaangt: méi eng grouss Ouverture am Norde wéi am Süden; wäit méi eng grouss am Norde wéi am Süden, eng quasi ganz Ouverture am Norden. Mä se mussen awer och asymmetresch sinn, wat d'Durée ubelaangt. Dat heescht, den Norde mécht op éiert de Süden opmécht. A wa mer eis iwwert déi Prinzipien eens wären, an iwwer aner Prinzipien, wéi zum Beispill deen, datt Domäner wéi d'Agrikultur musse speziell gekuckt ginn, well do d'Risiken am gréisste sinn, datt déi Länner an déi Secteuren d'Rad schloen, ech mengen, da wäre mer schonn en Deel weider.

Ech hunn iwwregens nach keen afrikanesche Statschef, Ambassadeur oder Minister gesinn, deen de Prinzip vun den Accords de partenariat économique a Fro gestallt huet. Dat wëll ech eng Kéier hei soen.

Et geet, mengen ech, och drëm, datt d'Europäesch Unioun hei wéi op anere Punkte weist, datt mer et eescht mengen. A wéi kënne mer weisen, datt mer et eescht mengen? Andeem mer déi Saachen, déi ech elo beschriwwen hunn, déi asymmetresch Ouverture, wat d'Produiten ubelaangt, wat d'Dauer ubelaangt, all déi spezifesch Regele fir d'Agrikultur an aner Secteuren, datt mer do och eng Rei Garantië ginn.

Do kommen ech dann zréck op dat, wat mer ënner Lëtzebuerger Présidence gemaach hunn. D'Länner hu sech jo all engagéiert, fir op 0,56 ze goe bis 2010, an op 0,7 bis 2015. Da läit et jo awer op der Hand, datt et och misst méiglech sinn, datt am Kader vun deem Pak - fir dee sech jo prinzipiell engagéiert ginn ass, an net nëmme prinzipiell, well et ass e fermen Engagement - och Fongen derbäi wären, déi spezifesch kéinten agesat gi fir dee Punkt, deen ech bis elo nach net erwähnt hunn, nämlech dee vun den Adaptatiounen, wat d'Capacitéiten am Süden ubelaangt. Wann eng Ouverture gemaach gëtt, ass et evident, datt d'Capacitéiten och mussen eropgefuer ginn. Et mussen Administratiounen do sinn, déi fonctionnéieren, éier déi Ouverture kënnt, soss fonctionnéiert et net.

Här President, ech hätt nach vill ze soen zur Gouvernance; ech hätt nach vill ze soen zu de Migratiounen, an ech hätt och nach eng Rei Saachen zu China ze soen, wann Der erlaabt, maachen ech dat am Telegrammstil hei. An ech si sécher, datt mer am Abrëll, oder wéini och ëmmer déi Debatt iwwert d'Kooperatioun ass, op déi Froe wäerten zréckkommen.

M. le Président.- Voilà, well d'Zäit, déi lech bleift, erlaabt net méi vill Telegrammer.

(Hilarité)

M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.-* Da gëtt et e ganz kuerzen Telegramm, Här President.

M. le Président.- Voilà!

M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.-* Elo hunn ech och nach meng Ried verluer, gesitt Der.

M. le Président.- Dir fannt se erëm.

M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.-* Ech wollt soen, datt déi Phenomeener net esou nei sinn, wéi se vläicht duergestallt ginn. Well China ass scho länger Zäit an Afrika present. Et ass elo dee Sommet um Schluss vum leschte Joer, deen dat an d'Aktualitéit bruecht huet. Ech wëll drop hiweisen, datt mer eis mat där Fro mussen auserneesetzen, an datt et net duergeet, fir ze soen: Mir sinn déi Gutt a si sinn déi Netgutt. Esou einfach ass dat net.

Ech wëll och vläicht als eenzege Commentaire haut hei soen: Mir soen, datt d'Gouvernance e wichtege Facteur ass, datt uerdentlech muss regéiert ginn. Ech ka mer net virstellen, Här President - an dat ass dann déi lescht Remarque, déi ech maachen, wann Der erlaabt -, datt e Land, wat e Partenariat mat der Europäescher Unioun huet an e Partenariat zur gläicher Zäit mat China, datt dat Land géif zur Europäescher Unioun soen: Jo, d'Gouvernance ass wichteg, an zu de Chineese géif soen: Et ass mer egal.

Ech sinn also der Meenung, datt do, wou souwuel d'Europäesch Unioun wéi China aktiv sinn, mer eng Rei Saache kënne regelen. Dat ass net iwwerall de Fall. De Skandal vum Sudan ass hei zur Genüge ugeschwat ginn. Eigentlech ass dat dat falscht Wuert, well e gëtt ni zur Genüge ugeschwat. De Skandal dauert scho vill ze laang.

Ech denken och do - an dat ass da meng allerlescht Remarque -, datt mer dat, wat d'Afrikanesch Unioun seet, a wat de President Konaré mer am November ënner anerem gesot huet, sollen extrem seriö huelen, a mat hinnen zesummen eng Léisung sichen, an net och do mengen, mir wäre méi intelligent wéi déi aner, a mir hätten d'Science infuse, a mir wéisste wéi et géif goen. Mat hinnen zesummen, mat hinnen an der Responsabilitéit komme mer virun, anescht net.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domat si mer um Enn vun der Debatt ukomm. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi. De Vote fänkt un.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5609 ass ugeholl mat 53 Jo-Stëmmen, bei 7 Abstentiounen a kenger Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt (par M. Marcel Oberweis), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Fernand Diederich), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

M. Xavier Bettel (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi iwwert d'Formation professionnelle. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Brasseur an d'Madame Loschetter an den Här Sunnen, den Här Castegnaro, den Här Gibéryen, den Här Jaerling an den Här Scheuer. Mir fänken u mat der Debatt. Fir d'éischt huet d'Wuert de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här John Castegnaro.

2. 5593 - Projet de loi portant

1) organisation des cours de formation professionnelle au Centre national de formation professionnelle continue;

2) création d'une aide à la formation, d'une prime de formation et d'une indemnité de formation

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

M. John Castegnaro *(LSAP), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou wéi Dir et ënnerstrach hutt, geet et hei ëm de Projet de loi 5593 an dobäi ëm d'Organisatioun vun de Coursen, Cours de formation professionnelle am CNFPC, an zweetens d'Kreatioun vun enger Aide à la formation, d'une prime de formation et d'une indemnité de formation - dat, wat den Intitulé ubelaangt.

Et geet also ëm d'Neiuerdnung vun der berufflecher Bildung an den nationale Fortbildungszentre vun Esch a vun Ettelbréck an domat, iwwert d'Reorganisatioun an iwwert d'Kompetenzen an d'Reorganisatioun eraus, iwwer nei Perspektive fir déi sougenannten Aussteiger.

De 5593 reit sech awer och an an d'Gesetzer oder an dee fréiere Projet de loi 5611 respektiv de 5501, dee mer d'lescht Joer am Juli ofgestëmmt hunn, wou et ëm déi eeler Arbeitnehmer an och Chômeure gaangen ass, a reit sech awer och an an déi sougenannte PAN-Gesetzer zënter 1999, an och an d'Basisgesetz vum 30. Juni 1976 iwwert d'Schafe vun engem - deemools - Fonds de chômage, deen da spéider a Fonds pour l'Emploi ëmgedeeft ginn ass.

Aneschters gesot: Mir stëmmen haut iwwer e Gesetz of, wat och, awer net nëmmen der Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet soll déngen, mä wat sech och areit an de Kader vum liewenslaange Léieren, also dem „lifelong learning", an domat och muss gesi ginn am Kontext vun der sougenannter Lissabon-Strategie.

De Projet de loi ass den 29. Juni 2006 déposéiert ginn. All Beruffschamberen an natierlech och de Statsrot hunn hiren Avis ofginn, an déi zoustänneg Kommissioun, déi vun der Éducation nationale et de la Formation professionnelle, huet de 16. November d'lescht Joer mat hiren Aarbechten ugefaangen.

Et läit mer um Häerz ervirzesträichen, dass och d'Commission du Travail et de l'Emploi sech iwwert dee Projet de loi do informéiere wollt. An dat ass och den 21. November geschitt, andeem d'Educatiounsministerin mat hire Mataarbechter an der Commission du Travail et de l'Emploi present waren an d'Kommissioun informéiert hunn.

Deen Interessi ass dohier komm, well an deem Projet de loi den Artikel 26 en direkte Bezuch op de Fonds pour l'Emploi an op d'Responsabilitéit vum Aarbechtsminister huet. Mä et kann ee festhalen, an ech wëll dat ënnersträichen, dass d'Commission du Travail et de l'Emploi sech deemools domat averstanen erkläert huet, dass de 5593, iwwert dee mer haut ofstëmmen, ausschliesslech an der Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle sollt behandelt ginn.

Ech wëll elo direkt scho Merci soen all deenen, déi an iergendenger Form un deenen Aarbechten hei bedeelegt waren, an dorënner natierlech de Kolleeginnen a Kolleegen aus der Kommissioun. Mir hu schnell geschafft, mir hu korrekt geschafft a mir haten e ganz konstruktiven Dialog.

Ech wëll dem Sekretariat Merci soen, mä ech wëll och déi Verantwortlech aus dem Ministère vun der Educatioun net vergiessen a besonnesch den Här Aly Schroeder, e fréiere Kolleeg hei vun eis, Directeur de la Formation professionnelle, deen domat eng vu senge leschten Amtshandlunge virgeholl huet, ier hien an déi wuelverdéngte Pensioun gaangen ass.

Ech mengen, et kënnt een dat roueg hei ënnersträichen: Den Här Aly Schroeder huet immens vill a grouss Verdéngschter am Beräich vun der Beruffsausbildung, an duerfir vun dëser Plaz, an ech mengen am Numm vun eis alleguer, dem Aly Schroeder en häerzleche Merci! Hien ass scho bal e Monument, mä ganz verluer ass hien nach net, well hien och nach bei aneren Dossiere jiddefalls als eng Aart Consultant wäert derbäi sinn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de 5593 huet a sech näischt direkt Spektakuläres u sech, mä en ass noutwendeg, well hien eng ganz Rei vu Saache kläert an och innovéiert.

Éischtens emol ginn d'Kompetenze vun de betraffene Ministèren nei definéiert a geregelt.

Zweetens, d'Finanzéierung, a mat deem Problem gëtt och eng Simplification administrative erméiglecht, well an Zukunft d'Dossiere vill méi effikass behandelt kënne ginn an net méi zwëschent zwee betraffene Ministërë fir Ënnerschrëften hin an hier musse gescheckt ginn. Mir maachen also hei eng Simplification administrative. An dovunner huet ee scho bal net méi gegleeft, dass et och kënnt an der Praxis geschéien, mä gemengt, dass mer nëmmen ëmmer driwwer géife schwätzen, ouni et ze realiséieren. Et wier gutt, wann dat och flächendeckend kéint passéieren.

Drëttens, iwwert dee Projet de loi hei gëtt de System vun de finanziellen Hëllefen a Bäihëllefen ergänzt respektiv gëtt e weidergefouert a gekläert.

Ech wëll zum Inhalt vun deem Projet de loi nach folgend Bemierkunge maachen:

Éischtens, d'Reorganisatioun vun deene Coursen, déi de CNFPC ubitt, steet elo ënnert der Verantwortung vum Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle. Mä den Aarbechtsminister däerf d'Organisatioun vu spezifesche Coursë beim CNFPC beantragen, mä däerf se dann och iwwert de Fonds pour l'Emploi finanzéieren.

Doraus ergëtt sech eng wesentlech Neierung, nämlech déi, dass et net méi ausschliesslech ëm Moossnamen zur Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet geet, wat och an der Praxis schonn de Fall war, mä dass elo och de legale Rahme geschafe gëtt, fir dass déi am CNFPC ugebuede Coursen dozou bäidroen, de Wee zréck an den Ausbildungssystem ze fannen, besonnesch fir Jugendlecher, déi d'Schoul fréizäiteg verlooss hunn oder déi déi schoulesch Bedingunge wéi d'Punkten net erfëllen oder net erreechen an duerfir och net an eng Formation professionnelle initiale konnte goen, fir deenen also eng nei Méiglechkeet ze schafen.

Da geet et och drëm, deenen Erwuessenen d'Méiglechkeet ze ginn, duerch déi Coursen, déi ugebuede ginn, hir Beschäftegungsfäegkeet duerch Fort- a Weiderbildung der technescher respektiv technologescher Entwécklung unzepassen.

An an Zukunft dierf et och esou sinn, dass et net nëmme Chômeure respektiv och net nëmmen Demandeure sinn, déi onbedéngt bei der ADEM schonn ageschriwwe sinn, mä et däerfe sech der och elo mellen, ouni déi Viraussetzung ze erfëllen.

Dir erënnert lech un eng Kontrovers, déi mer eng Kéier am Zesummenhang mat Zarabina och hei haten. Dat ass also elo duerchaus méiglech. Mir sinn also hei am Beräich vum liewenslaange Léieren.

(M. Henri Grethen prend la Présidence)

D'Coursen am CNFPC, déi elo ugebuede ginn, si kompetenzorientéiert an no Modulen organiséiert. Dat erméiglecht, dass déi sougenannte Quereinsteiger oder Leit, déi sech berufflech weiderbilde wëllen a schonn iwwer eng gewësse Beruffserfahrung oder Qualifikatioun verfügen, och net méi onbedéngt all Modulë maache mussen, fir en Diplom ze kréien.

Nei ass dann, ech hunn dat scho gesot, dass nieft den Entschiedegungen un déi Betraffen am Rahme vun de Beschäftegungsmoossnamen iwwert de Ministère du Travail och elo den Unterrechtsministère an engem neie System finanziell Bäihëllefen an Ureizer ubidde kann. Dat ass an der Virbereedung iwwert de Wee vun engem Règlement grand-ducal.

Déi Kursusteilnehmer, déi déi finanziell Hëllefe kréien, sinn der an der Regel, déi bescheide Revenuen hunn, bescheide Léin hunn. D'Begrënnung ass kloer: Et däerf net un der finanzieller Situatioun scheiteren, dass een net géif a Coursë goen, well hie seet, da verléieren ech Suen. Dat däerf also keen Hindernis bei der Weiderbildung sinn, an dat gëllt dann och net nëmme fir Erwuessener, mä och fir Jugendlecher.